



DE FUUSS

INFORMATIONEN AUS DER GEMENG WALDBÄLLEG

1 | 2019



Äusstellung: Pr ehistoire am M ellerdall 2018

2

D'GEMENG

LA COMMUNE

GEMENGEROT	2
ETAT CIVIL	14
MIR GRATULÉIEREN	15
COMMEMORATIOUN	17
BUERGERMEESCHTERDAG	18
OP DER FOUER	
ÉIEREBUERGERMEESCHTEREN	19
AN ÉIEREGEMENGESEKRETÄR	
INTERVIEW MAXIME BENDER	22
ANNONCEN	24

28

SCHOUL & MAISON RELAIS

ÉCOLE & MAISON RELAIS

D'MAISON RELAIS	28
AN DER SCHOUL	30
ELTEREVEREENEGUNG	36

90

KLIMAPAKT

PACTE CLIMAT

KLIMAPAKT	90
VÉLO AM MËLLERDALL	92
MOBILITÉITSDAG	94
TOUR DU DUERF	95
DAG VUM BAM	97
IWWERSCHWEMMUNGEN	98
NEIT WAASSER UM FRECKEISEN	106

40

D'VERÄINER

ASSOCIATIONS

CLUB DES JEUNES	40
JONK AN AL	42
MUSEK A MÄNNERCHOUER	44
TURNVERÄIN ÉMMER FIT	48
AEROMODELLISTEN	50
UERGELFRËNN	52
GOLF & COUNTRY CLUB	55

108

WAT ASS LASS?

QUE FAIRE?

SPEZIELL EVENTER	108
AGENDA : WAT ASS LASS AN DER GEMENG?	111

56

KULTUR & TOURISMUS

CULTURE & TOURISME

AUSSTELLUNG MARCEL EWERS	56
UELEGSMILLEN	73
DANIEL HEINTZ	81
MARCEL EWERS: DER DORFSCHMIED	82
INTERVIEW ALICE GREISCHER	86
CHRËSCHTMAART	88

VILL FREED BEIM LIESEN!

BONNE LECTURE !

D'WUERT VUM REDAKTIOUNSCOMITÉ

Dës Nummer vum Fuuss kënn zur Zäit, fir Iech heimadder alleguer e glécklecht, zefriddent a gesond Joer 2019 ze wënschen.

Mir sinn elo zu fënnef an der Redaktioun. Op der Foto gesitt Dir eis duebel, vu lénks: Marc Barthelemy, Corinne Meyers, Maxime Bender, Isabelle Oberlé, Damaris Pletschette.

An dësem FUUSS läit e groussen Akzent op där wonnerbarer Ausstellung vum Marcel Ewers senger eenzegaarterger Sammlung mat prehistoreschen Artefakten.

Mee och iwwert d'Suitte vun den Iwwerschwemmunge vun Ufank Juni geet nach eng Kéier rieds. Fir vill Leit sinn d'Schied nach laang net vergiess an op d'Säit geraumt. Mee glécklecherweis gesäit een awer en Enn.

D'Rubrik *Informatioun fir de Bierger* fir dat ganz Joer 2019 hutt Dir separat an Är Boîte kritt, an engem Format, dee sech liicht versuergt.

Mir loossen de FUUSS och net méi a Plastik apaken, aus ekologesche Grënn, well Plastik an der Hirstellung an an der Entsuegung e grouse Problem ass. Mir hoffen emol, datt et dës Kéier klappt; beim FUUSS 3-2018 hate mer dat och scho wëlles, mee de Plastik hat sech awer erëm breet gemaach.

De FUUSS kënn dräi Mol d'Joer eraus. Déi nächst Ausgab soll de 6. Mee 2019 an Är Boîtë kommen. Fir dës Editioun vum FUUSS huet leider keen e Bäitrag eragi fir an d'Rubrik „Knips deng Strooss“. Dir sidd häerzlech agelueden, eis dobäi wéi mat allen anere Rubriken ze hëllefen: fuuss@waldbillig.lu

Mir hunn decidéiert, d'Begrëffer Bierger, *Leit*, *Awunner*, *Persounen* als neutral Bezeechnunge fir all Mënsch ze gebrauchen.

En décke Merci un d'Leit aus der Gemeng an un all déi aner, déi eis gehollef hu bei dëser Editioun vum FUUSS.

*Korrektur: Karin Enser, Isabelle Oberlé.
Grafesch Gestaltung: GR-ink, Hiefenech.*

*Drock: Imprimerie de l'Est, Iechternach.
Responsabelen Editeur: Gemeng Waldbëlleg*



GEMENGEROTSSÄTZUNG 2018 6

Sätzung vum **DONNESCHDEG, DEN 13. SEPTEMBER 2018**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter
// BOONEN Serge, Schäffen
// MOULIN Théo, Schäffen
// BARTHELEMY Marc, Gemengerotsmember
// BENDER Maxime, Gemengerotsmember
// MEYERS Corinne, Gemengerotsmember
// MICHELS Mike, Gemengerotsmember
// THOLL Jean-Joseph, Gemengerotsmember
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt: TOBES Romain, Gemengerotsmember.

Dagesuerdnung

2018-06-01

Avis iwwert d'„plans directeurs sectoriels“ (PDS) „Wunnraum“, „Gewerbegebieder“, „Transport“ a „Landschaft“. Waldbëlleg. Dës Ofännerung ass de 7. Mee ënnerschriewe ginn a leeft de 15. Mee un

1. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, sech ënner Form vun engem Avis iwwert d'„plans directeurs sectoriels“ (PDS) ze äusseren a bied d'Regierung drëm de Bestanddeeler vun dësem Avis an den Objectiounen bei der Erneierung vun de PDS Rechnung ze droen.

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2018 6

Séance du **JEUDI, 13 SEPTEMBRE 2018**

présents:

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre
// BOONEN Serge, échevin
// MOULIN Théo, échevin
// BARTHELEMY Marc, conseiller
// BENDER Maxime, conseiller
// MEYERS Corinne, conseiller
// MICHELS Mike, conseiller
// THOLL Jean-Joseph, conseiller
// DIMMER Martine, secrétaire

Excusé : TOBES Romain, conseiller

Ordre du jour

2018-06-01

Avis sur les plans directeurs sectoriels « logement », « zones d'activités économiques », « transports » et « paysages ».

1. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de se prononcer sur les projets de plans directeurs sectoriels sous forme d'un avis en demandant au Gouvernement de prendre en considération tous les éléments constitutifs de l'avis en question et de réserver une suite favorable aux objections y contenues au moment de la refonte des projets de plans directeurs sectoriels.

GEMENGEROTSSÄTZUNG 2018 7

Sätzung vum **DONNESCHDEG, DEN 20. SEPTEMBER 2018**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter
// BOONEN Serge, Schäffen
// MOULIN Théo, Schäffen
// BARTHELEMY Marc, Conseiller
// BENDER Maxime, Conseiller
// MEYERS Corinne, Conseiller
// THOLL Jean-Joseph, Conseiller

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2018 7

Séance du **JEUDI, 20 SEPTEMBRE 2018**

présents:

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre
// BOONEN Serge, échevin
// MOULIN Théo, échevin
// BARTHELEMY Marc, conseiller
// BENDER Maxime, conseiller
// MEYERS Corinne, conseiller
// THOLL Jean-Joseph, conseiller

// TOBES Romain, Conseiller
// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt: MICHELS Mike, Gemengerotsmember.

Dagesuerdnung

2018-07-01

Auserwiele vun engem Responsabele fir d'Schoul fir e Mandat vun engem Joer.

2018-07-02

Bëschwirtschaftsplanng fir d'Joer 2019.

2018-07-03

Eropsetze vum Grad fir 3 Gemengenugestallten.

2018-07-04

Ëmwandlung vun engem Poste vun der Carrière D an e Poste vun der Carrière B.

2018-07-05

Konventioun betreffend d'Museksschoul mat regionalem Charakter, déi vun der Stad Iechternach organiséiert gëtt.

2018-07-06

Auserwiele vun engem Verrieder fir de Verwaltungsrot vun der Museksschoul mat regionalem Charakter, déi vun der Stad Iechternach organiséiert gëtt.

2018-07-07

Grondwaasserschutzzonen, déi fir d'Drénkwaasser bestëmmt sinn – Ëmsetzung a Suivi vun engem Moossnahmeprogramm op régionalem Niveau.

2018-07-08

Bewëllegung vun engem provisoeresche Verkafsvertrag.

2018-07-09

Subsidufroen.

Op Ufro vu Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes, Gemengerotsmemberen, si folgend Punkte geméiss dem Artikel 13 vum Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988, sou wéi et ofgeännert gouf, op d'Dagesuerdnung, déi de 14. September 2018 annoncéiert gouf, bäigesat ginn:

2018-07-10

Installéiere vun engem grouse Persounelift, wou och kënne gréisser Museksinstrumenter transportéiert ginn, sou wéi och engem Noutausgang fir den neie Musekssall vun der Waldbëlleger Musek. Donieft soll eng Parkplaz fir Mënsche mat Behënnerung no um Lift agezeechent ginn.

// TOBES Romain, conseiller
// DIMMER Martine, secrétaire

Excusé: MICHELS Mike, conseiller

Ordre du jour

2018-07-01

Désignation d'un responsable d'école pour un mandat d'une année.

2018-07-02

Plan de gestion annuel 2019 pour la propriété forestière de la commune de Waldbillig.

2018-07-03

Avancement en grade de trois salariés communaux.

2018-07-04

Transformation d'un poste de salarié de la carrière D en un poste de la carrière B.

2018-07-05

Convention concernant l'école de musique à caractère régional organisée par la Ville d'Echternach.

2018-07-06

Désignation d'un représentant pour le conseil de l'école de musique à caractère régional organisée par la Ville d'Echternach.

2018-07-07

Zones de protection des eaux souterraines destinées à la consommation humaine – mise en œuvre et suivi du programme de mesures au niveau régional.

2018-07-08

Approbation d'un compromis de vente.

2018-07-09

Demandes de subsides.

Sur demande de Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes, conseillers, les objets suivants sont ajoutés à l'ordre du jour, annoncé le 14 septembre 2018, conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 :

2018-07-10

Installation d'un ascenseur par lequel le transport des instruments de musique sera assuré, ainsi qu'une sortie de secours pour la salle de musique de la Waldbëlleger Musek. Par ailleurs, un emplacement de stationnement pour personnes handicapées devrait être aménagé proche de l'ascenseur.



2018-07-11

D'Poste fir de Lift an den Noutausgang an de Budget 2019 setzen.

2018-07-12

Erneierung vum Règlement d'ordre intérieur geméiss dem Artikel 14 vum Gemengegesetz.

1. De Gemengerot entscheet eestëmmeg d'Madame Julie Welter, Léierin, fir e Mandat vun engem Joer als Verantwortlech vum Schoullkomitee z'ernennen an hir d'Missionen vum President vum Schoullkomitee z'erdeeelen fir d'Funktionsfähigkeit vun der Schoul sécherzestellen.

2. De Gemengerot approvériert de Bëschwirtschaftsplan fir den Exercice 2019 wéi folgend :

2018-07-11

Inscrire les postes pour un ascenseur et une sortie de secours dans le budget 2019.

2018-07-12

Elaboration d'un nouveau règlement d'ordre intérieur conformément à l'article 14 de la loi communale.

1. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de désigner Madame Julie Welter, institutrice, pour un mandat d'une année comme responsable d'école de Waldbillig et de lui attribuer les missions du comité d'école et du président du comité d'école afin d'assurer le bon fonctionnement de l'école.

2. Le conseil communal approuve unanimement le plan de gestion des forêts communales de l'exercice 2019 comme suit :

	Gehälter <i>Salaires</i>	Rechnungen <i>Factures</i>	Investitiounen <i>Investissements</i>	Einnahmen <i>Recettes</i>
Naturschutz <i>Protection de la nature en milieu ouvert</i>	10.000,00	15.000,00	25.000,00	17.000,00
Nohalteg Wirtschaft a Schütze vun de Bëscher <i>Gestion durable et protection des forêts</i>	40.000,00	44.000,00	84.000,00	85.500,00
Schütze vun de Juegdressourcen an dem Wäld <i>Protection des ressources cynégétiques et de la faune sauvage</i>				2.000,00
Sensibilisatioun an Informatioun vun der Öffentlechkeet <i>Sensibilisation et information du public</i>	6.000,00	1.500,00	7.500,00	
Logistik a Personal <i>Logistique et personnel</i>	17.000,00	21.000,00	38.000,00	
	73.000,00	81.500,00	154.500,00	104.500,00

3. De Gemengerot entscheet eestëmmeg säin Accord ze ginn fir den Här Luc Klein, den Här João Rodrigo Ferreira Nunes an den Här Erol Mehovic, Aarbechter op der Gemeng Waldbëlleg, an d'Carrière C vum Kollektivvertrag ze hiewen.

3. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de marquer son accord à l'avancement de Monsieur Luc Klein, de Monsieur João Rodrigo Ferreira Nunes et de Monsieur Erol Mehovic, salariés auprès du service technique de la commune de Waldbillig, dans la carrière C de la convention collective des salariés de l'État en vigueur.

4. De Gemengerot entscheet eestëmmeg de Poste vum professionnelle Buschauffer an der Carrière D an en handwierkleche Posten vun der Carrière B am technischen Déngscht vun der Gemeng Waldbëlleg ëmzewandelen.

5. De Gemengerot entscheet eestëmmeg d'Konventioun, vum 13. August 2018 tëschent de Schäfferéit vun der Gemeng Waldbëlleg an der Stad Iechternach déi d'Participatioun un de Fraise fir de Museksunterricht vun de Schüler, déi net zu Iechternach wunnen, fir d'Joer 2018/2019 reegelt, z'approuvéieren.

6. Wéinst der selweschter Unzuel u Stëmmen fir de Maxime Bender an den Théo Moulin bei der Oftsëmmung iwwert d'Auserwiele vun engem Verrieder fir de Verwaltungsrout vun der Iechternacher Museksschoul, ass dës Décisoun, geméiss dem Artikel 19 vum Gemengegesetz, op d'Dagesuerdnung vun der nächster Gemengerotssitzung reportéiert ginn.

7. De Gemengerot entscheet mat 7 Stëmmen an enger Abstentioun, den Naturpark Mëllerdall mat der Missioun vun der Coordinatioun an dem régionalen Suivi vun engem Moossnahmeprogramm fir Grondwaasserschutzzonen, déi fir d'Dränkwaasser bestëmmt sinn, ze beoptragen.

8. De Gemengerot entscheet eestëmmeg d'Bewëllegung vun engem Compromis de vente, deen tëschend der Gemeng Waldbëlleg an der Firma MZ Bauberatung GmbH geschloss gouf, op eng aner Gemengerotssitzung ze reportéieren. Dëse provisoresche Verkaufsvertrag betrëfft e Grondstéck zu Waldbëlleg, Sektoun B vu Waldbëlleg, dat laanscht d'Michel-Rodange-Strooss (C.R. 356) läit fir d'Ëmsetze vum PAP „In Koempel“.

9. De Gemengerot entscheet, deenen heite Veräiner e Subsid vu 75 € zouzespriechen:

- Fondation Autisme Luxembourg
- D'Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale
- Fondatioun Lëtzebuurger Guiden a Scouten
- ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt
- APEMH Fondation
- Omega 90 asbl.

10. De Gemengerot entscheet, de Punkt, deen op Ufro vu Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes op d'Dagesuerdnung bäigesat gouf an d'Installéiere vun engem grouse Persounelift, wou och kënne gréisser Museksinstrumenter transportéiert ginn, sou wéi och engem Noutausgang fir den neien Musekssall vun der Waldbëlleger Musek betrëfft, op eng aner Gemengerotssitzung ze verleeën.

4. Le conseil communal décide unanimement de transformer le poste de chauffeur professionnel de la carrière D en un poste à tâche manuelle de la carrière B à raison de 40 heures par semaine au sein du service technique de la commune de Waldbillig et de fixer sa rémunération sur base de la convention collective des salariés de l'État en vigueur.

5. Le conseil communal décide unanimement d'approuver la convention conclue le 13 août 2018 entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Waldbillig et celui de la Ville d'Echternach adaptant la participation aux frais d'enseignement musical des élèves non-résidents à Echternach pour l'année scolaire 2018/2019.

6. Vu le partage des suffrages entre Maxime Bender et Théo Moulin en relation avec la décision sur la désignation d'un représentant pour le conseil de l'école de musique à caractère régional organisée par la Ville d'Echternach, la décision afférente est reportée, conformément à l'article 19 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, à l'ordre du jour de la séance suivante.

7. Le conseil communal décide avec sept voix et une abstention de confier la mission de la coordination et du suivi régional des programmes de mesures établis pour les zones de protection autour des masses d'eau ou parties de masses d'eau servant de ressource à la production d'eau destinée à la consommation humaine au Parc naturel du Mëllerdall et, après la période de deux ans, de prendre en charge pendant trois ans, au prorata des 25 pour cent, les frais liés à la coordination et au suivi régional des programmes de mesure et ceci à hauteur d'un maximum d'un euro par habitant (1€/hb).

8. Le conseil communal décide de reporter l'approbation du compromis de vente conclu entre l'administration communale de Waldbillig et MZ Bauberatung GmbH à une autre réunion du conseil communal. Le compromis de vente concerne une place sise à Waldbillig, section B de Waldbillig, longeant la rue Michel Rodange (C.R. 356) en vue de la réalisation du PAP « In Koempel ».

9. Le conseil communal décide d'accorder un subside de 75€ aux associations suivantes :

- Fondation Autisme Luxembourg
- D'Ligue Luxembourgeoise d'Hygiène Mentale
- Fondatioun Lëtzebuurger Guiden a Scouten
- ONGD Guiden a Scouten fir ENG Welt
- APEMH Fondation
- Omega 90 asbl.

10. Le conseil communal décide de reporter à une autre séance du conseil communal le point de l'ordre du jour qui y a été ajouté sur demande de Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes, conseillers, et qui consiste en l'installation

11. De Gemengerot entscheet och de Punkt, deen op Ufro vu Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes op d'Dagesuerdnung bäigesat gouf an d'Poste fir de Lift an den Noutausgang an de Budget 2019 ze setzen, betrëfft, op eng aner Gemengerotssitzung ze verleeën.

12. De Gemengerot entscheet bei deem Punkt, deen op Ufro vu Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes op d'Dagesuerdnung bäigesat gouf, en neit Reglement iwwert d'intern Gemengerotsuerdnung auszeschaffen.

d'un ascenseur par lequel le transport des instruments de musique sera assuré et l'aménagement d'une sortie de secours pour la salle de musique de la Waldbëlleger Musek ainsi qu'en l'aménagement d'un emplacement de stationnement pour personnes handicapées proche de l'ascenseur, à une autre séance du conseil communal.

11. Le conseil communal décide également à l'unanimité des voix de reporter le point de l'ordre du jour qui y a été ajouté sur demande de Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes, conseillers, et qui consiste en l'inscription des postes pour lesdits ascenseur et sortie de secours au budget 2019.

12. Concernant le point de l'ordre du jour qui y a été ajouté sur demande de Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes, conseillers, le conseil communal décide d'élaborer un nouveau règlement d'ordre intérieur du conseil communal.

GEMENGEROTSSËTZUNG 2018 8

Sëtzung vum **MËTTWOCH, DE 24. OKTOBER 2018**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter
 // BOONEN Serge, Schäffen
 // MOULIN Théo, Schäffen
 // BARTHELEMY Marc, Conseiller
 // BENDER Maxime,
 // MEYERS Corinne, Conseiller
 // MICHELS Mike, Conseiller
 // THOLL Jean-Joseph, Conseiller
 // TOBES Romain, Conseiller
 // DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt: /

Dagesuerdnung

2018-08-01

Froe vun de Gemengerotsmemberen un de Schäfferot.

2018-08-02

Auserwiele vun engem Verrieder fir de Verwaltungsrat vun der Iechternacher Museksschoul.

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2018 8

Séance du **MERCREDI, 24 OCTOBRE 2018**

présents:

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre
 // BOONEN Serge, échevin
 // MOULIN Théo, échevin
 // BARTHELEMY Marc, conseiller
 // BENDER Maxime, conseiller
 // MEYERS Corinne, conseiller
 // MICHELS Mike, conseiller
 // THOLL Jean-Joseph, conseiller
 // TOBES Romain, conseiller
 // DIMMER Martine, secrétaire

Absent : /

Ordre du jour

2018-08-01

Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins.

2018-08-02

Désignation d'un représentant pour le conseil de l'école de musique à caractère régional organisée par la Ville d'Echternach.

2018-08-03

Entscheidung iwwert d'Schütze vum Ierwen an d'Klasséiere vum Schéissendëmpel als nationaalt Monument.

2018-08-04

Festleeë vun den Tauxen fir d'Gewerbsteier fir 2019.

2018-08-05

Festleeë vun den Tauxen fir d'Grondsteier fir 2019.

2018-08-06

Konventioun betreffend d'Koordinatioun an de regionale Suivi vun engem „animateur ressources eau potable“ fir e Moossnahmeprogramm fir d'Drénkwaasser an de Waasserschutzzonen.

2018-08-07

Auserwiele vun engem Verrieder fir e Begleetkomitee fir d'Drénkwaasser aus der Région vum Naturpark Mëlldall.

2018-08-08

Auserwiele vum Regierungscommissaire fir den Dateschutz beim Stat als Verrieder vum Dateschutz vun der Gemeng Waldbëlleg.

2018-08-09

Prinzipiendecisioun iwwert d'Installatioun vu maximum zwee Wandrieder um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg.

2018-08-10

Ernennung vum Här Edouard Lies, Här Gérard Bender an Här Jean-Luc Schleich zu Éirebuergermeeschteren.

2018-08-11

Ofrechnung vun ausseruerdentlechen Aarbechten.

2018-08-12

Ufro fir d'Deele vun engem Terrain.

2018-08-13

Bewëllegung vun engem Aarbechtskontrakt.

2018-08-14

Verschiddenes.

Op Ufro vu Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes, Gemengerotsmemberen, si folgend Punkte geméiss dem Artikel 13 vum Gemeindegesetz vum 13. Dezember 1988, sou wéi et ofgeännert gouf, op d'Dagesuerdnung, déi den 18. Oktober 2018 annoncéiert gouf, bäigesat ginn:

2018-08-03

Décision sur la protection du patrimoine et sur le classement du pont du « Schéissendëmpel » comme monument national.

2018-08-04

Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt commercial pour 2019.

2018-08-05

Fixation des taux multiplicateurs de l'impôt foncier pour 2019.

2018-08-06

Convention concernant la coordination et le suivi régional des programmes de mesures en zone de protection autour des captages d'eau potable par « animateur ressources eau potable ».

2018-08-07

Désignation d'un représentant pour le Comité d'accompagnement pour l'eau potable de la région du Parc naturel du Mëlldall.

2018-08-08

Désignation du Commissaire du Gouvernement à la protection des données auprès de l'État comme délégué à la protection des données.

2018-08-09

Décision de principe sur la réalisation de maximum deux installations éoliennes sur le territoire de la commune de Waldbëlleg.

2018-08-10

Décernement du titre de bourgmestre honoraire à Monsieur Edouard Lies, Monsieur Gérard Bender et Monsieur Jean-Luc Schleich.

2018-08-11

Décompte de travaux extraordinaires.

2018-08-12

Demande de morcellement d'un terrain.

2018-08-13

Approbation d'un contrat de travail.

2018-08-14

Divers

Sur demande de Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes, conseillers, les objets suivants sont ajoutés à l'ordre du jour, annoncé le 18 octobre 2018, conformément à l'article 13 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988:



2018-08-15

Propose vun engem Projet iwwer d'Verkéierssicherheit zu Chrëschtnech betreffend Stroossen « Loetsch » an « A Frongelt ».

1. Froe vun de Conseillere Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes:

An der Gemengerotssëtzung vum Donneschdeg, den 19. Abrëll 2018 ass ënnert dem Punkt 2018-04-13 vun de Membere vum Gemengerot Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes d'Offer vun der Crèche ab 6 Méint op den Ordre du jour gesat ginn. An dem Kontext sollt eng Ëmfro gemaach gi bei den Elteren aus der Gemeng, déi Kanner ënner 18 Méint hunn.

Déi genannte Membere vum Gemengerot hunn déi heite Froe gestallt:

Éischt Fro: Wéi ass d'Resultat vun dëser Ëmfro ausgaangen?

Zweet Fro: Ab wéi vill Prozent gesäit de Schäfferot de Besoin esou een Service unzebidden?

Äntwert: Vun de gefrote Leit hunn 20 Prozent gesot, si wieren interesséiert gewiescht un enger Crèche fir Kanner vu sechs Méint un. De Schäfferot gesäit keen Intérêt dru sech a Prozentsätz iwwert d'Notwendegkeet vun esou engem Service auszedrécken.

De Gemengerot entscheet eestëmmege, nodeems doruwwer geschwat gouf, fir e Rendez-vous mam Educatiousministère op der Plaz ze froen, fir néideg Informatiounen iwwert eventuell Méiglechkeet, fir d'Offer vun enger Crèche am Gebai vun der Maison relais, ze sammelen.

An der Gemengerotssëtzung vum Donneschdeg, de 14. Juni 2018 ass ënnert dem Punkt 2018-04-18 vun de Membere vum Gemengerot Maxime Bender, Mike Michels a Romain Tobes „Präsenz vun der Gemeng Waldbëlleg op de sozialen Netzwierker, fir esou d'Bierger nach méi séier kennen z'informéieren“ op den Ordre du jour gesat ginn.

Hir Froen zu dem Punkt:

Éischt Fro: Wéi eng weider Renseignementersinn an deem Kontext ugefrot ginn?

Zweet Fro: Huet eng Persoun vun eisem Personal Zäit, sech ëm d'Mise à jour vun där Säit ze këmmere? A wa jo, wien wier do Usprichpartner?

Äntwert:

De Schäfferot huet sech bei der Ärenzdallgemeng iwwert Geréire vun enger Facebooksäit informéiert. DNopesch-

2018-08-15

Propose d'un projet portant sur la sécurité routière à Christnach concernant les rues „Loetsch“ et „A Frongelt“.

1. Considérant que les conseillers communaux Maxime Bender, Mike Michels et Romain Tobes ont introduit les questions suivantes afin d'y trouver une réponse du collège échevinal lors de la séance du conseil communal de ce jour :

Concernant la crèche à partir de six mois, il avait été décidé le 19 avril de se renseigner auprès des parents d'enfants de moins de 18 mois s'ils auraient été intéressés par cette offre.

Première question : Quel a été le résultat de ce sondage ?

Seconde question : Quel est le seuil à partir duquel le collège des échevins envisage une telle offre ?

Concernant la présence sur les réseaux sociaux de la commune, il avait été décidé le 19 avril de se renseigner d'avantage à ce sujet.

Première question : Quels ont été les renseignements recueillis ?

Seconde question : Y a-t-il une personne disponible pour se charger de la mise à jour de la page Facebook ?

Réponses:

Au sujet de l'offre d'une crèche à partir de l'âge de 6 mois, le collège échevinal explique que 20% de la population concernée aurait voulu profiter d'une offre pareille. Le collège échevinal ne voit pas d'intérêt à s'exprimer en pourcentage par rapport au besoin de l'offre d'une crèche.

Le conseil communal décide unanimement, après en avoir discuté, de demander un rendez-vous sur place avec les responsables du ministère de l'Éducation nationale, afin d'être informé sur la possibilité de l'offre d'une crèche dans le bâtiment existant de la maison relais.

Concernant la présence de la commune sur les réseaux sociaux : le collège échevinal s'est informé auprès de l'administration communale de la Vallée de l'Ernz. Il y a un fonctionnaire qui s'en occupe ; après une période d'initialisation, l'actualisation de la page Facebook prend à peu près une heure par semaine.

Le conseil communal décide unanimement de créer et de gérer une page Facebook de la commune de Waldbillig. Seules les informations portant sur la commune-même y sont publiées, les associations de la commune devront dorénavant rendre publiques leurs manifestations.

2. Le conseil communal décide avec 5 voix de désigner Monsieur Maxime Bender, conseiller, comme représentant de la commune de Waldbillig pour le conseil de l'école de musique

gemeng huet erkläert, datt ee Beamte sech ëm de Site këmmert an, zanter en dermat vertraut ass, brauch d'Aktualiséiere vun der Facebooksäit ongeféier eng Stonn Aarbecht d'Woch.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, eng Facebooksäit fir d'Gemeng Waldbëlleg anzeriichten an ze verwalten. Op dëser Säit gi just Informatiounen iwwert d'Gemeng selwer publizéiert, d'Veräiner müssen hir Manifestatiounen weiderhi selwer verëffentlechen.

2. De Gemengerot entscheet mat 5 Stëmmen, fir den Här Maxime Bender, Gemengerotsmember, Verrieder vun der Gemeng Waldbëlleg am Verwaltungsrot vun der lechternacher Museksschoul ze nennen. Den Här Théo Moulin hat 4 Stëmme krit.

3. De Gemengerot entscheet, dem Kulturministär ze proposéieren, fir de „Schéissendëmpel“ schützen ze loossen an en als nationaalt Monument klasséieren ze loossen.

4. De Gemengerot leet den Taux fir d'Gewerbsteier fir d'Joer 2019 op 250% fest.

5. De Gemengerot leet den Taux fir d'Grondsteier B fir d'Joer 2019 fir déi verschidde Kategorie vu Gebaier an och dee vun der Grondsteier A op 300% fest.

6. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d'Konventioun, tëschend dem Stat an dem Syndikat fir d'Gestioun vum Naturpark Mëllerdall an deem d'Gemeng Waldbëlleg Member ass, betreffend d'Koordination an de regionale Suivi vun engem „animateur ressources eau potable“ fir e Moossnahmeprogramm fir d'Drénkwaasser an de Waasserschutzzonen ze bewëllegen.

7. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Här Romain Tobes, Gemengerotsmember, als Verrieder vum Begleetkomitee fir d'Drénkwaasser aus der Regioun Naturpark Mëllerdall an den Här Filipe Soares, Gemeengebeamten, als Stellverrieder z'ernennen.

8. De Gemengerot entscheet, de Regierungscommissaire fir den Dateschutz beim Stat als Verrieder vum Dateschutz vun der Gemeng Waldbëlleg z'ernennen.

9. De Gemengerot schwätzt sech derfir aus, datt déi néideg Étuden zu der Installatioun vu maximal zwee Wandrieder um Territoire vun der Gemeng Waldbëlleg kënnen gemaach ginn.

10. a. De Gemengerot entscheet, den Här Edouard Lies zum Éirebuergermeeschter z'ernennen.

b. De Gemengerot entscheet, den Här Gérard Bender zum Éirebuergermeeschter z'ernennen.

c. De Gemengerot entscheet, den Här Jean-Luc Schleich zum Éirebuergermeeschter z'ernennen.

à caractère régional organisée par la Ville d'Echternach. La candidature de Monsieur Théo Moulin avait recueilli 4 voix.

3. Le conseil communal décide de proposer au Ministère de la Culture la protection du patrimoine et le classement du pont du « Schéissendëmpel » comme monument national.

4. Le conseil communal fixe le coefficient de l'impôt commercial dans la commune de Waldbillig pour l'année d'imposition 2019 à 250%.

5. Le conseil communal décide unanimement de fixer pour l'année d'imposition 2019 le seul et même taux multiplicateur de l'impôt foncier B pour les différentes catégories d'immeubles à 300% et de fixer le taux de l'impôt foncier A à 300%.

6. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix d'approuver la convention concernant la coordination et le suivi régional des programmes de mesures en zone de protection autour des captages d'eau potable par un « animateur ressources eau potable » passée entre l'État luxembourgeois, le syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc naturel du « Mëllerdall », dont la commune de Waldbillig est membre.

7. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de désigner Monsieur Romain Tobes, conseiller, représentant du comité d'accompagnement pour l'eau potable de la région du Parc naturel du Mëllerdall et Monsieur Filipe Soares, fonctionnaire communal, membre suppléant.

8. Le conseil communal décide de désigner le Commissaire du Gouvernement à la protection des données auprès de l'État comme délégué à la protection des données de la commune de Waldbillig.

9. Le conseil communal se prononce en faveur de l'exécution d'études portant sur la réalisation de maximum deux installations éoliennes sur le territoire de la commune de Waldbillig.

10. a. Le conseil communal décide de décerner à Monsieur Edouard Lies le titre de bourgmestre honoraire de la commune de Waldbillig.

b. Le conseil communal décide de décerner à Monsieur Gérard Bender le titre de bourgmestre honoraire de la commune de Waldbillig.

c. Le conseil communal décide de décerner à Monsieur Jean-Luc Schleich le titre de bourgmestre honoraire de la commune de Waldbillig.

11. Le conseil communal marque son accord au décompte concernant les travaux d'aménagement d'une place de barbecue à Christnach. Le devis approuvé relatif aux travaux en question s'élève à 25.000,00 €. La dépense effective s'élève à 25.702,71 €.

11. De Gemengerot bewëllegt d'Ofrechnung betreffend d'Aarbechte fir d'Grillplaz zu Chrëschtnech. Den Devis deen approuvéiert gouf fir d'Aarbechte louch bei 25.000,00 €. Déi effektiv Ausgab beleeft sech op 25.702,71 €.

12. De Gemengerot gëtt säin Averstännis fir den Terrain, deen um Kadaster ënnert den Nummern 64/4642 an 64/4643 agedroen ass an an der Fielserstrooss zu Chrëschtnech, Sektoun C vu Chrëschtnech läit an zwou bebaubar Parzellen ze deelen.

13. De Gemengerot gëtt säin Averstännis zum onbefristeten Aarbechtskontrakt, deen tëschen dem Schäfferot vun der Gemeng Waldbëlleg an dem Här Marc Kleer fir e professionnelle Buschauffeursposten, geschloss gouf.

14. Ënnert dem Punkt „Verschiddenes“ gëtt an dëser Sëtzung näischt traitéiert, de Gemengerot geet op den nächste Punkt vun der Dagesuerdnung iwwer.

15. De Gemengerot freet de Schäfferot fir e Projet auszeschaffen, dee Verbesserungsmaassnahme fir d'Verkéierssicherheit an de Stroossen „Loetsch“ an „A Frongelt“ beinhalt, fir datt d'Schüler net méi brauchen duerch de Gruef ze trëppele wann Autoe laanscht fueren.

12. Le conseil communal marque son accord au projet de morcellement des parties des parcelles inscrites au cadastre sous les numéros 64/4642 et 64/4643, sises au lieu-dit « Fielserstrooss » à Christnach, section C de Christnach, en deux autres parties de parcelles constructibles.

13. Le conseil communal marque son accord au contrat de louage de service à durée indéterminée conclu entre le collègue échevinal et Monsieur Marc Kleer pour le poste de chauffeur de bus professionnel.

14. Le conseil communal ne traite rien sous le point « divers » et passe au point de l'ordre du jour suivant.

15. Le conseil communal demande au collègue échevinal d'élaborer un projet comprenant des mesures d'amélioration de la sécurité routière à la connexion des rues « Loetsch » et « A Frongelt » à Christnach afin que les écoliers n'aient plus besoin d'utiliser le revers de la rue lors du passage de voitures.

GEMENGEROTSSËTZUNG 2018 9

Sëtzung vum **DONNESCHDEG, DE 15. NOVEMBER 2018**

Et waren do:

// HENX-GREISCHER Andrée, Buergermeeschter

// BOONEN Serge, Schäffen

// MOULIN Théo, Schäffen

// BENDER Maxime,

// MEYERS Corinne, Conseiller

// MICHELS Mike, Conseiller

// THOLL Jean-Joseph, Conseiller

// TOBES Romain, Conseiller

// DIMMER Martine, Sekretärin

Entschëllegt: BARTHELEMY Marc, Conseiller

Dagesuerdnung

2018-09-01

Froe vun de Gemengerotsmemberen un de Schäfferot.

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL 2018 9

Séance du **JEUDI, LE 15 NOVEMBRE 2018**

présents:

// HENX-GREISCHER Andrée, bourgmestre

// BOONEN Serge, échevin

// MOULIN Théo, échevin

// BENDER Maxime, conseiller

// MEYERS Corinne, conseiller

// MICHELS Mike, conseiller

// THOLL Jean-Joseph, conseiller

// TOBES Romain, conseiller

// DIMMER Martine, secrétaire

Absent : BARTHELEMY Marc, conseiller

Ordre du jour

2018-09-01

Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins.

2018-09-02

Déklasséiere vu Parzellen déi zu Waldbëlleg leien, aus dem ëffentleche Gemengeberäich an de private Gemengeberäich.

2018-09-03

Bewëllegung vun engem temporaire Circulatiounsreglement.

2018-09-04

Iwwereneestëmmend Entscheedung mam Avis vum SIDEN, deen d'staatlech Hëllef an d'Délaise fir d'Ëmsetzung fir d'Ofwaasserklärung, regelt.

2018-09-05

Bewëllegung vun engem Aarbechtskontrakt.

2018-09-06

Ofrechnung vun ausseruerdentlechen Aarbechten.

2018-09-07

Subsidufroen.

1. D'Gemengerotsmembere hunn net virgesinn dem Schäfferot Froen ze stellen.

2. a) De Gemengerot gëtt eestëmmeg säin Averstännis fir d'Deklasséiere vun der Parzell 836/4768, aus dem ëffentleche Gemengeberäich an de private Gemengeberäich fir en eventuelle Verkaf. Dës Parzell läit zu Waldbëlleg an der Sektoun B vu Waldbëlleg laanscht d'Michel-Rodange-Strooss (C.R. 356) an huet eng Fläch vun 3 Ar a 35 Ca.

b) De Gemengerot gëtt mat 7 Stëmmen an enger Enthaltung säin Averstännis fir d'Déklasséiere vu Parzellen, déi zu Waldbëlleg leien, aus dem ëffentleche Gemengeberäich an de private Gemengeberäich fir en eventuelle Verkaf. Et geet hei ëm d'Parzellen 424/4767 an 424/4485, déi zu Waldbëlleg an der Sektoun B vu Waldbëlleg leien, esou wéi een Deel vun der Parzell 424/4486, deen op der Säit vun den Terrainen läit, déi dem Här an der Madame Biehl-Dondelinger gehéieren.

3. De Gemengerot entscheet eestëmmeg, den Zousaz zum temporaire Circulatiounsreglement vun der Gemeng Waldbëlleg an der Fielserstrooss zu Chrëschtnech, am Kader vun Usschlossaarbechten vun engem Haus bis zum Schluss vun dësen Aarbechten, ze bestätegen.

4. De Gemengerot entscheet, sech dem Avis vum SIDEN (Syndicat intercommunal des eaux résiduaires du Nord) unzeschléissen. Dësen Avis regelt d'staatlech Hëllef an d'Delaie fir d'Ëmsetzung fir d'Ofwaasserklärung.

2018-09-02

Déclassement de parcelles sises à Waldbillig du domaine public communal en domaine privé communal.

2018-09-03

Confirmation d'un règlement temporaire de circulation.

2018-09-04

Délibération concordante avec l'avis du SIDEN relatif aux aides étatiques et aux délais de mise en œuvre du programme de mesure dans le domaine de l'assainissement des eaux usées.

2018-09-05

Approbation d'un contrat de travail.

2018-09-06

Décomptes de travaux extraordinaires.

2018-09-07

Demandes de subsides.

1. Aucun membre du conseil communal n'a prévu de poser une question au collègue échevinal.

2. a) Le conseil communal donne son accord unanime au déclassement du domaine public communal en domaine privé communal en vue de son aliénation éventuelle de la place inscrite au cadastre sous le numéro 836/4768 sise à Waldbillig, section B de Waldbillig, longeant la rue Michel Rodange (C.R. 356) d'une contenance de 3 ares 35 ca.

b) Le conseil communal donne son accord avec 7 voix et une abstention au déclassement du domaine public communal en domaine privé communal en vue de leur aliénation éventuelle des parcelles inscrites au cadastre sous les numéros 424/4767 et 424/4485 sises à Waldbillig, section B de Waldbillig ainsi qu'une partie de la parcelle 424/4486 située du côté des terrains appartenant à la communauté d'époux Biehl-Dondelinger.

3. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de confirmer le complément temporaire au règlement de circulation de la commune de Waldbillig dans la « Fielserstrooss » à Christnach dans le cadre d'exécution de travaux de raccordement d'une maison, et ce jusqu'à la fin des travaux prévus.

4. Le conseil communal décide de se rallier à l'avis rédigé par le syndicat intercommunal des eaux résiduaires du Nord « SIDEN » en date du 10 juillet 2018, intitulé « avis sur les aides étatiques, les délais de mise en œuvre du programme de mesures et une forte tutelle technique du secteur communal dans le domaine de l'assainissement des eaux usées ».

5. De Gemengerot bewëllegt den Aarbechtskontrakt, deen tëschend dem Schäfferot vun der Gemeng Waldbëlleg an dem Här Luc Kirsch geschloss gouf fir de Poste vum Landschaftsgärtner am techneschen Déngscht vun der Gemeng Waldbëlleg.

6. a) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Ofrechnung vun den Aarbechte fir d'Baue vun engem Gebai fir den techneschen Déngscht vun der Gemeng a fir d'Pompjeeën. Den totale bewëllegten Devis beleeft sech op 3.370.330,60 €. Déi effectiv Ausgabe belafe sech op 3.748.351,36 € mat enger staatlecher Hëllef vun 895.813,00 €.

b) De Gemengerot gëtt säin Averständnis zu der Ofrechnung vun den Aarbechte fir d'Ëmbaue vum Gebai fir de Club des jeunes. Den totale bewëllegten Devis beleeft sech op 297.559,10 €. Déi effectiv Ausgabe belafe sech op 293.624,51 € mat enger staatlecher Hëllef vu 60.000,00 €.

7. De Gemengerot bewëllegt eestëmmeg e Subsid an Héicht vu 75 € fir d'Associatioune PADEM, Hëllef- an Entwécklungsprogrammer fir d'Kanner op der Welt a Fir Kanner a Latäinamerika an och mat 6 Stëmme géint 2 Stëmme fir de Veräin FLEK Lëtzebuerg a.s.b.l.

5. Le conseil communal marque son accord au contrat de louage de service à durée indéterminée conclu entre le collègue échevinal et Monsieur Luc Kirsch pour le poste de jardinier-paysagiste auprès de l'administration communale de Waldbillig.

6. a) Le conseil communal marque son accord au décompte concernant les travaux de construction d'un bâtiment pour le service technique communal et pour le service d'incendie. Le devis total approuvé s'élève à 3.370.330,60 €. La dépense effective s'élève à 3.748.351,36 € avec une aide financière étatique de 895.813,00 €.

b) Le conseil communal marque son accord au décompte concernant les travaux d'aménagement de locaux pour le Club des Jeunes. Le devis total approuvé s'élève à 297.559,10 €. La dépense effective s'élève à 293.624,51 € avec une aide financière étatique de 60.000,00 €.

7. Le conseil communal décide à l'unanimité d'accorder un subside de 75 € à PADEM, programmes d'aide et de développement destinées aux enfants du monde et à Fir Kanner a Latäinamerika et avec 6 voix contre 2 voix d'accorder un subside de 75 € à FLEK Lëtzebuerg a.s.b.l.

ETAT CIVIL

Geburten // Naissances

07/10/2018	Ballarini Pirra	Nevio	Haler
09/11/2018	Roeder Maintz	Shania	Haler
14/11/2018	Bourone	Chloé	Waldbëlleg

Bestietnesser // Mariages

01/09/2018	Macedo Marco & Fernandes Garcia	Vanessa	Chrëschtnech
01/12/2018	Barrela Lavinis Tony & Teixeira	Melissa	Chrëschtnech

Partenariaten // Partenariats

04/10/2018	Krippeler David & Meyer Mandy		Waldbëlleg
16/11/2018	Fatello Jean-Luc Antonio Rafeale & Makrenok Svetlana		Chrëschtnech

Stierffall // Décès

20/10/2018	Welter Leni		Waldbëlleg
------------	--------------------	--	------------

MIR GRATULÉIEREN!!! FIR D'HOCHZÄIT:



Macedo Marco & Fernandes Garcia Vanessa



Barrela Lavinas Tony & Teixeira Melissa

An och nach mat enger Foto, déi am leschte FUUSS ge-
feelt hat, vun Nora Liliane **Pleimling** a Jeff **Casel**, déi sech
den 13. Juli 2018 bestuet haten.



FIR E PACS:



Krippeler David & Meyer Mandy



Fatello Jean-Luc Antonio Rafaele & Makrenok Svetlana

FIR 95 JOER:



Madame Marie Justine **Ries**, gebuer den 8. Oktober 1923.



FIR 90 JOER:



den Här Éierebuurgermeeschter Edouard **Lies**,
gebuer de 4. November 1928.



COMMEMORATIOUNSDAG 2018

De 6. Oktober hunn eng Partie Membere vu Schäffen- a Gemengerot a Bierger aus der Gemeng sech beim Monument nieft der Kierch zu Waldbëlleg fir de Commemoratiounsdeg versammelt. A Presenz vun der Madame Buergermeeschtesch huet de Schäffen Théo Moulin un déi däischer Zäiten erënnert, wou et net einfach war, sech ze wieren. De Paschtour Robert Kuzwela huet de Seege ginn.

Encadréiert gouf den Owend vun der Waldbëlleger Musek.



📷 Damaris



BUERGERMEESCHTERDAG OP DER SCHUEBERFOUER

Den 28. August 2018 hunn 33 Buergermeeschteren a Buergermeeschteschen sech beim Neien Theater getraff. Si hunn no engem kurzen Tour iwwert d'Fouer a verschiddene Betriber zerwéiert. Dat Ganzt war fir e gudden Zweck.

Fir eis Buergermeeschtesch war et eng Première. Si war an der Friture Henriette am Asaz an huet sech gefreet, dass och aus eiser Gemeng Leit do waren.



OVATIOUN VUN DRÄI ÉIEREBUERGERMEESCHTEREN AN ENGEM ÉIEREGEMENGESEKRETÄR

Den 29. Oktober 2018 sinn zu Waldbëlleg véier Männer geéiert ginn, déi am Ganzen 48 Joer Buergermeeschter an 43 Joer Gemengesekretär waren.



Dräi vun hinne goufen zum Éierebuergermeeschter ernannt:

- den Här Edouard Lies, Buergermeeschter vum 1. Januar 1970 bis den 31. Dezember 1993
- den Här Gérard Bender, Buergermeeschter vum 1. Januar 1994 bis am November 2011
- den Här Jean-Luc Schleich, Buergermeeschter vum November 2011 bis den November 2017

Den Här Nico Schlammes ass Éieregemengesekretär. Hien huet vum 3. Dezember 1973 bis den 1. Januar 2017 an der Gemeng Waldbëlleg geschafft; hien huet also mat allen dräi Éierebuergermeeschteren zesumme geschafft.

D'Madame Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer huet an hirer Ried ënnerstrach, datt déi véier Männer sech an all deene Joren agesat hu fir d'Gemeng a fir d'Bierger, fir d'Liewensqualitéit ze verbessern. Si huet hinnen am Numm vun alle Bierger aus der Gemeng dofir Merci gesot.



📷 Denis Dimmer

D'Madame Buergermeeschtesch huet mat Zuelen dait-lech gemaach, wéi vill sech d'Zäite geännert hunn:

Budget:

Recettes ordinaires:

1970	5.666.072 LUF	140.458,26 Euro
1994	66.834.827 LUF	1.656.792,08 Euro
2012		4.480.854,31 Euro

Dépenses ordinaires:

1970	4.618.705 LUF	114.494,74 Euro
1994	44.506.307 LUF	1.103.282,53 Euro
2012		3.050.362,95 Euro

Awunner:

31.12.1969	739 Leit
21.12.1993	855 Leit
31.12.2011	1.447 Leit
29.10.2018	1.794 Leit

An der Administratioun hunn an där Zäit geschafft:

- 1970: Koch René, Origer Jeng zu 50%
- 1993: Schlammes Nico, Origer Jeng zu 50%
- 2011: Schlammes Nico, Beckené Pit, jiddereen 100%
- 2018: Dimmer Martine 100%, Ruppert Kim 75%, Beckené Pit 100%, Soares Filipe 100%

An hire Riede sinn déi Geéiert op verschidde Projeten agaang, déi se realiséiert haten, an si hunn u Momenter erënnert, där gudder an där manner gudder.

Mat engem Éierewäin ass den Owend séier eriwweergaang.

Text: Andrée Henx-Greischer, Marc Barthelemy



INTERVIEW MAM MAXIME BENDER

Géift Dir Iech kuerz virstellen?

Ech sinn 1982 zu Ettelbréck gebuer a wunne säitdeem zu Waldbëlleg, wou meng Famill elo an der fënnefter Generatioun wunnt. Ech sinn zu Waldbëlleg an d'Primärschoul gaangen a war am Lycée zu Iechternach. Meng Première hunn ech am Stater Kolléisch, Athénée op der F-Sektioun (Musekssektioun), ofgeschloss. Duerno hunn ech zu Stroossbuerg, Bréissel a Köln Saxophon a Kompositioun op der Museks-héichschoul studéiert.

Säitdeem sinn ech Enseignant zu Iechternach an der Museksschoul an zu Ettelbréck am Conservatoire. Nieft menger Tâche als Enseignant spillen ech e bësse ronderëm d'ganz Welt Concerten a koordinéieren als „directeur artistique“ den Iechternacher Festival.



Wéini a firwat sidd Dir an d'Politik gaangen?

2017 sinn ech fir d'éischte Kéier an d'Gemengewale matgaangen an hat déi grouss Éier, direkt d'Vertraue vun de Bierger aus der Gemeng geschenkt ze kréien a gouf an de Conseil gewielt.

Et ass e bëssen ewei beim Astérix an Obélix, well ech si souzesoe schonn als Kand an d'Politik gefall. Duerch mäi Papp, deen 18 Joer Buergermeeschter an der Gemeng Waldbëlleg war, sinn ech schonns a ganz jonkem Alter mat der Gemegepolitik a Kontakt komm.

Donieft war ech awer schonns ëmmer als Jonken aktiv, sief et als Schüler am Schülercomité zu Iechternach am Lycée, oder awer och schonns säit iwwer 12 Joer als Member vun der Kulturkommissioun, oder soss meng Aktivitéiten an aner Associatiounen oder Veräiner ewéi d'Sacem Lëtzebuerg oder am Fussball zu Chrëschtnech-Waldbëlleg, de Pompjeeën oder der Musek vun der Gemeng Waldbëlleg.

Et war fir mech ëmmer eng Evidenz, mech konstruktiv ze engagéieren an esou kënnen eppes Positives bäizedroen zum Liewen an der Gesellschaft. Doduerch louch et och op der Hand, datt ech mech fréier oder spéider géif an der Gemegepolitik engagéieren.

Wat si fir Iech déi wichteg Objektiv vu Gemegepolitik?

Fir d'éischt emol ass et wichteg, no un de Bierger ze sinn, ze verstoen, wat d'Besoinen an Erwaardunge sinn an ze versichen, esou gutt wei méiglech déi kënnen ze erfëllen an ofzedecken. Eng Gemeng soll de Bierger déi beschtméiglech Dénsgchter erméiglechen an ubidden, fir doduerch eng gutt Liewensqualitéit ze garantéieren.

Wéi eng politesch Dossiere leien Iech speziell um Häerz?

Et sinn schonns eng Partie wichteg Dossieren, déi en Cours de Route sinn, wéi zum Beispill déi nei Kläranlag oder d'Waasserversuergung fir déi ganz Gemeng. Donieft natierlech duerch déi net sou schéin aktuell Ëmstänn, den Héich-waasserschutz. An dann den Ausbau vun der Gemeng, fir esou eise Bierger en nach méi effikassen a gudde Service kënnen ze garantéieren.

Zäitno, transparent a reegelméisseg Informatioun muss un de Bierger bruecht ginn, duerch modern Weeër, wéi d'sozial Netzwerker, Sms2citizen, dat nieft engem aktualiséierten Internet-Site a natierlech déi traditionell Weeër, wéi dem FUUSS oder Bulletin Communal. Et geet mir ëm eng intelligent Zukunftsgestaltung vun der Gemeng mat moderatem Wunnensbau, d'Erhale vun eisem ländleche Charakter, d'Investéieren an erneierbar Energien, ëmweltbewusst Politik féieren. An den Ausbau vum Service vun der Maison relais, fir esou attraktiv ze sinn fir Jonk Elteren.

Eis eeler Generatioun dierf och net vergiess ginn: Et soll een hinnen all méiglech Servicer ubidden, déi hinnen zegutt-kommen.

Dem Service an den Demandë vun eise Veräiner soll ee gerecht ginn, a natierlech wëll ech als passionéierte Museker de Bierger attraktiv kulturell Evenementer ubidden, fir esou kënne flott Momenter zesummen ze erliewen.

Ass d'Bedeegung vun der Bevëlkerung u Gemeengenaktivitéiten an den Interessi un der Gemengepolitik grouss genuch?

An der Gemeng Waldbëlleg ass de Bierger immens séier immens no un de Gemengeverantwortlechen an esou ass den Interessi un der Gemengepolitik natierlech och séier méi grouss, wat eng gutt Saach ass, an den Austausch esou vill méi séier stattfënnt.

Et kann een natierlech ni genuch aktiv Leit hunn, fir aktiv ze gestalten, sief dat um gemengepolitesche Plang oder an de Veräiner. Nëmmen duerch aktiv Bierger gëtt eng Gemeng aktiv an esou och interessant an attraktiv.

Wat si fir Iech perséinlech d'Unzéiungspunkte vun eiser Gemeng, firwat leeft Dir gären hei? Wat kéint besser sinn?

Eis Gemeng ass eng immens schéi Gemeng am Häerze vum Naturpark Mëllerdall. Et ass eng vun de schéinsten, wann net déi schéinste Plaz an eisem Land. Ech sinn immens gären an eiser Gemeng, well et eng rural Gemeng ass mat enger immens grousser Liewensqualität, sief et duerch déi héich Qualitéit vun eisem Dréinkwaasser, wat bal keng aner Gemeng zu Lëtzebuerg huet, oder eis héichwärtteg Servicer an Infrastrukturen, déi mer an eiser Gemeng hunn. Doduerch ass a wäert och an Zukunft eis Gemeng immens attraktiv bleiwen; an awer dierf een net vergiessen, an d'Zukunft ze investéieren.

Wat kéint besser sinn? Ech géif dann och mam Astérix an Obélix ofschléissen. Wat mir heiansdo feelt, an dofir sinn ech och ënner anerem an d'Gemengepolitik matgaangen, ass, fir zesummen ze gestalten an datt d'Leit sech méi oft zesummen un den Dësch sëtzen. Zum Schluss vun all Episode vum Astérix an Obélix sëtzen d'Awunner vum Duerf zesummen ze feieren an ze diskutéieren. Dat ass e bëssen e Bild, wat ech vun engem Duerf hunn: d'Leit nach méi no beieneen ze kréien an an d'Gemengeliewen ze integréieren.



ANNONCË FIR AN DE FUUSS: fuuss@waldbillig.lu

SCHWÄTZT DIR LËTZEBUGESCH?

D'Mme Theresa BAGNAH, Infirmière aus dem Togo, ass an de Lëtzebugeschcoursen am INL, dem Institut national des langues, a sicht eng Person, déi ee bis zweemol d'Woch mat hir Lëtzebugesch géif schwätzen.

D'Basis fir d'Wëssensvermittlung an d'Verstoen ass Franséisch, dat si exzellent versteet a schwätzt. Si ass scho fënnef Joer am Land a wëllt mat de Klinikspatienten eis Sprooch benotzen. Et geet drëm, hir Aussprooch ze verbessern; si widderhëlt fläisseg wat ee mat hir potert z. B. beim Trëppelen.

Wien interesséiert ass, soll Bescheid ginn: fuuss@waldbillig.lu

D'SCHËPPCHEN

Den Här Pol Mehlen vu Chrëschtnech huet eis Ufank Oktober 2018 kontaktéiert, fir dës Schëppchen an DeFUUSS ze setzen.



Hien huet se op der Grasschnitt-Plaz fonnt, opgehaang, an e puer Deeg drop mat heem geholl. Et schéngt ee ganz extrat Exemplar ze sinn, an hien hofft op dësem Wee de Propriétär ze fannen.

D'Schëppchen hänkt zanter dem 16. Oktober 2018 am Reider virun der Waldbëlleger Gemeng. Et kann ee sech an der Gemeng mellen, fir se erëmzекреien.



DEVENEZ BÉNÉVOLE AU SEIN DU « CROIX-ROUGE BUTTEK » À ECHTERNACH !

Vous avez une sensibilité sociale, une bonne capacité d'écoute et un sens du relationnel ? Vous souhaitez mettre à profit votre temps libre et aider les plus vulnérables de notre société ?

Suivant vos disponibilités, vous pourrez nous aider dans l'accueil et l'accompagnement des clients, dans la vente des articles et dans le rangement du local. Pour plus d'informations, veuillez contacter **Mme Stéphanie Folmer** au **2755-5040** ou par email à Buttek.Echternach@croix-rouge.lu

Où ? 9, rue André Duchscher L-6434 Echternach



Les épiceries sociales «**Croix-Rouge Buttek**» offrent aux personnes touchées par la pauvreté des denrées alimentaires et des produits d'usage quotidien contre une participation financière d'un tiers des prix les plus bas du marché. Seules les personnes dont le besoin a été constaté objectivement par les services sociaux agréés sont autorisées à y faire leurs courses moyennant une carte personnelle d'accès. Mais l'aide alimentaire n'est pas le seul but ciblé par cette action. L'accès à l'épicerie sociale permet au bénéficiaire de libérer une part de son budget familial afin de subvenir à d'autres obligations financières comme les paiements de factures d'eau ou d'électricité, équipements scolaires pour les enfants, etc.

Les «Butteker» sont aussi des lieux de rencontre et d'intégration sociale.





D'MAISON RELAIS

Och an d'Maison relais war de Kleesche komm. Do virdrun ass fläisseg gebak ginn.

A mir gesinn nach hei Fotoen vum Spille mat Plastilin, vum Kachen am Bësch a vun engem Ausflug an de Walygator-Park.





MAM PRÉCOCE AN DE BËSCH

D'Kanner schaukelen, kloteren a balancéieren op de Seelspiller an hunn dobäi vill Spaass.



AM INTELAND

Zesumme mam Intekand léieren d'Précocekanner op spilleresch Art a Weis d'Faarwen, d'Formen, zielen, sortéieren, sech am Raum orientéieren a villes méi.





C1: ÄPPELRAFEN

Mëtt Oktober waren d'Klassen aus dem C1 op d'Bigelbaach fir do Äppel ze rafen. Si hu sech gutt dru ginn a kruten sou munch Këscht gefëllt. Hiren Aarbechtsloun war gudde, séisse Viz.



C1: DE KLEESCHEN

De 5. Dezember huet dee gudde Kleeschen sech op de Wee duerch d'Schoule vu Waldbëlleg gemach. Extra frou waren d'Kanner an der Spillschoul, fir him Moie kënnen ze soen. Si hunn him Lidder an direkt e puer Sproochen gesongen, en Tierche virgedantz a Musek fir de gudde Mann gemach. Iwwert e lackelege Boxemännchen an en interessant Buch, alles vum Houseker erbäigeschleeft, waren si ganz frou an hunn dem Kleeschen Äddi bis d'nächst Joer gesot.





TOLLES BUCH!

Dës Joer gouf am Kader vun der Bibliothék fir Kanner eng Literaturempfehlungsshow organiséiert. Dës Show gouf gehale vun der Tina Kemnitz. Si huet de Kanner vun all Cycle 6 Bicher virgestallt an dat immens flott a lieweg presentéiert. D' Kanner waren alleguer begeeschtert a goufe fir d'Liesen animéiert.



ÉISCHTHËLLEFCOURS

Die Klasse des Zyklus 4.2 hat im Oktober erfolgreich an einem Erste-Hilfe-Kurs „für Kinder von Kindern“ teilgenommen.

Die Kinder haben dabei gelernt, wie man sich in einer Notsituation verhält und wie man Erste Hilfe leistet. Außerdem haben sie die stabile Seitenlage sowie das Anlegen von Verbänden geübt.

Der Zyklus 4.2, der sichtlich Spaß an der Aktivität hatte, möchte Jeff Herr gerne für seinen interessanten und lehrreichen Kurs danken.





ELTEREVEREENEGUNG

GENERALVERSAMMLUNG

D'Generalversammlung vun der Elterevereenegung Waldbëlleg de 7. November war wéi ëmmer en Owend wou mir den Akteuren aus onser Schoulkommuneautéit, der Gemeng Waldbëlleg an anere fräiwëllegen Hänn Merci soen. Mir schaffen Hand an Hand mat motivéierte Leit a probéieren esou, d'Schoul an d'Maison relais ze ënnerstëtzen.



An deem Sënn organiséieren mir e puer Aktivitéiten, wéi den traditonellen Adventsmaart, de Programm Hëllef him & Hëllef richtig, Ënnerstëtzung beim Schoulfest a bei der Coupe scolaire zesumme mam Léierpersonal, an natierlech den Antidrogendag. Donieft probéiere mir d'Elterevertrieder ze ënnerstëtzen, andeems mir hinne bei hiren Themenowender hëllefen.

Mir soen op dëser Plaz der Carole Wampach an der Betty Helminger nach eng Kéier Merci fir hir Aarbecht als Kesse-reviserinnen!

Zum Schluss ware mir ewéi ëmmer frou, Membere vum Schäffen- an Gemengerot, vum Léierpersonal a vum Schoulcomité, Représentante vun der Maison relais an och natierlech Elteren op eiser Generalversammlung begrëssen ze kënnen. Si waren ewéi all Joer invitéiert, un eisem Owend deelzehuelen. Dëst huet et eis erméiglecht, e flotten Ofschloss mat vill Austausch mat eise Gäscht ze hunn.

ADVENTSMAART

De Freiden 30. November 2018 gouf den traditionellen Adventsmaart um 16 Auer no der Schoul am Schoulhaff ofgehalen. Dofir, Léif Kanner, Elteren, Léierpersonal, Personal vun der Maison relais, Membere vun der Schoulkommissioun, interesséiert Awunner aus der Gemeng, Vertrieeder vum Schäffen- a Gemengerot, e grouse MERCI un Iech all. Ouni Iech all wier den Adventsmaart net dat, wat en ass.

Zesummen hu mir e puer flotter Stonne bei engem gudde Schocki, Glühwäin, engem Stéck Kuch oder waarme Wirschtche verbruecht. Natierlech soe mir Iech och Merci, datt Dir eis duerch de Kaf vun eisen Adventskränz an Arrangementer esou flott ënnerstëtzt.

Dëst Joer hunn den C.2, C.3 an C.4 och mat engem Stand gehollef. Sou konnte si hir eege Keess fir den Ausfluch opfélen. Wéi all Joer hat onsen Adventsmaart e grouse Succès.

E spezielle Merci geet un de Fernand Huss a seng Equipe, de Léo Klein, d'Sekretariat vun der Gemeng, d'Männer vun eise Comitésfraen fir hir Hëllef virun onsem Maart.





De Comité vun der Elterevereenegung Waldbëlleg

Nathalie MEYER-CHEVALIER (Présidentin), Chantal ALBERT (Secrétäarin), Simone MEHLEN-WOHL (Trésorière), Tanja GEIGER, Martine HAHN, Nadine HUMBERT, Christine HUSTING, Mireille MAJERES, Carole MARBES-REUTER, Mireille MATHES, Annick MENSTER, Zara de MONTIGNY, Jessica SCHMITZ, Jessica SCHUMACHER, Carmen SEYLER.





DE CLUB DES JEUNES

Fir d'Summervakanz ofzeschléissen, si mir de 15. September an d'Saarbrécker Schwämm gefuer. Do hu mir den Dag an enger gemittlecher Atmosphär verbruecht an owes, wou mir erëm doheem an eisem Clubsall zu Chrëschtnech waren, hate mir eis nach Pizza bestallt.

Den 22. September hu mir bei der Kleedersammlung an der Gemeng gehollef, mir hunn déi al Kleeder agesammelt a se bei Kolping op Ettelbréck gefouert.

Dëst Joër hu mir fir d'éischte Kéier d'Kiermes am Duerf organiséiert. Bei Musek an engem Patt hu mir traditionnell Kiermesham mat Fritten an Zalot zerwéiert. Als Dessert hate mir eng Auswiel un Taarten a Kuchen, an hunn eng Kiermesdrépp dobäi ugebueden. A well dat Fest gudd Succès bei de Leit aus der Gemeng hat, wäerte mir dat d'nächst Joër nach eng Kéier organiséieren, an hoffen, lech do begréissen ze kënnen.

Fir Niklosdag huet de Club des jeunes sech och engagéiert, fir dem Kleeschen an dem Houseker ze hëllefen, déi vill Kaddoe bei déi Kanner ze bréngen, déi sech gutt geschéckt haten!



Ausserdeem si mir och elo schonn erëm fläisseg amgaang, un eisem Won ze schaffen an ze rëschten, dass mir fir d'Fuesent prett sinn, fir mat op d'Kavalkaden ze fueren, an natierlech och fir d'Buergbrennen zu Chrëschtnech.

De Comité vum Club des jeunes Chrëschtnech besteet aus:

Pol Wilgé (Vizepresident), Jil Beckené (Sekretär), Joëlle Duschang (Tresorier), Michel Becker, Yves Ernst, Ben Weber a Ben Wilgé.

Jiddereen tëscht 15 a 35 Joër ass bei eis wëllkomm a ka gär bei eisen Aktivitéite matmaachen. Du fënns eis op 7, Fielserstrooss, zu Chrëschtnech oder iwwer Facebook.

Jil Beckené



IMPRESSIOUNEN VUN DER REES AN D'BOURGOGNE OP BEAUNE VU JONK & AL

Eng Rees vu fënnef Deeg, den 1. Dag iwwer Dijon, wou eis mat engem Guide d'Alstad, de Palais des Ducs de Bourgogne, d'Kierch Notre Dame an nach vill aner kuckleswäert Gebäier op eng angeneem Manéier virgestallt si ginn. Fir dann am spéide Nomëtteg zu Beaune unzekommen an am Hotel Henry II Beaune Centre anzechecken, fir eis vun der Busrees kënnen ze erhuelen an nees stylen fir de Rest vum Dag.



Dag 2 war réserviert fir d'Stad Beaune kennenzelieren, eng Stad, wou de Stadkär ganz mat enger Mauer ëmginn ass. De Vormëtteg war fräien Ausgang an esou konnt een sech selwer e Bild maachen an d'Stad entdecken. Nomëttes huet e Guide, an dat an engem Minizuch, eis d'Stad iwwert d'Mauern eraus nobruecht. Net ze vergiessen d'Innenbesichtigung vun dem Hôtel-Dieu mat senger mëttelalterlecher Kichen an Apdikt.

Dag 3: Ausflug an d'Géigend vum Beaujolais no Mâcon duerch bekannte Wäindierfer ewéi St-Amour, Juliéas, Chenas, Fleurie ... mat enger Besichtigung vun enger Wäikellerei an Degustatioun vun hire Wäiner, wou déi eng oder aner Waifläsch de Propriétaire gewiesselt huet. Op dem Réckwee bei den Hotel duerch d'Bierger stoung d'Besichtigung vun der Benediktinerabtei Cluny nach um Programm, wou eis och nees ee Guide zur Säit stoung fir déi néideg Erklärungen.

Dag 4: Ausflug op Chalon-sur-Saône mat enger guidierter Besichtigung vum Musée Nicéphore Niépce, dem Erfanner vun der Photographie, wou mir eng Aweisung kritt hun, wéi d'Photographie sech vun den Ufäng bis an déi haiteg Zäit entwéckelt huet. Dono eng gemittlech Rondfaart mam Schëff op der Saône, wou mir zu Mëtteg giess hunn. An net ze vergiessen ass, datt eist Schëff mat sécherer Hand an den Hafen zeréck guidiert ginn ass. Dono Besichtigung vun der Alstad mat uschléissender Wäiprouf vun de Côte-Chalonnaise-Wäiner. Mat gemeinschaftleche Beméiungen a guddem Gerochsënn ass um Enn de beschte Wäikenner gekréint ginn.

Dag 5: Mir hu leider eis Heemrees mussen untrieden, déi eis iwver Avollon an d' Stad Vézelay gefouert huet. Do huet eis e Guide dës schéi Stad virgestallt mat der Besichtigung vun der Basilika Sainte Marie Madeleine, Unesco-Weltkulturerbe, eng vun de wichtigste Pilgerstätten am Mëttelalter. Dono goug et virun op Avollon, wou no engem gudde Mëttegiessen d'Heemrees ugetruede gouf.

Dobäi soe mir eise Chauffeur Dan Boonen villmols Merci fir déi secher Hin- an Zeréckrees a fir seng Uweisuenge bei deene verschiddenen Ausflich op der Plaz. Och ee grouesse Merci u Voyage Schmit fir déi exzellent Viraarbecht an dofir, datt dës Rees onvergiesserlech bleift.

Text a Fotoen: Willy Smit



D'WALDBËLLEGER MUSEK

Eis Musek huet ewéi gewinnt op der Prässessioun vu Léiffrawëschdag matgemaach. Am November war et dunn un den Hämmelesmärsch fir d'Kiermessen zu Waldbëlleg an zu Haler.

Den Cäcilieconcert den 23. November an der Kierch vu Chrëschtnech war ewéi déi Joere virdrun zesumme vun der Waldbëlleger Musek an dem Mëllerdaller Männerchouer organiséiert an animéiert. De Jemp Origer huet de Chouer dirigéiert, um Piano war de Roger Recht. Et goufe Lidder gesonge vun Ernst Gebhardt, Franz Schubert, Franz Gruber, Otto Groll, Dimitri Bortnianski a Camille Saint-Saëns.

De Christoph Weiland war den Dirigent vun der Musek. Hien hat Wierker erausgesicht vun Edward Elgar, Bert Appermont, Filip Ceunen an den Traditional „I Will Follow Him“ an engem Arrangement vum Ron Sebregts.

De variéierte Programm huet gutt gefall, wéi de laangen Applaus gewisen huet.







📷 Damaris & Camille Goedert





TURNVERÄIN ËMMER FIT



E klénge Réckbléck an d'Geschicht vun eisem Turnveräin Ëmmer Fit:

Den Turnveräin gouf 1984 vun Yvette a Sylvie Kapp vu Chrëschtnech gegrënnt. Saitdeem hate mer vill Monitricen.

D'Steffi Dostert ass säit 2008 bei eis. Do ware mer grad zu 17 Turnerinnen. Wann d'Steffi verhënnert ass, kënt de Charel oder d'Simone eis fit halen.

Haut si mer zu méi wi 30 Turnerinnen. Am Moment turne mer nach am Veräinsbau zu Chrëschtnech. Bis den Dezember hu mer am Veräinsbau zu Chrëschtnech geturnt. Mee elo kann d'Hal zu Waldbëlleg erem benotzt ginn.

Nei Turnerinne sinn ëmmer wëllkomm.





📷 Isabelle Oberlé & Damaris

Kontakt: Alice Greischer (greischa@pt.lu) oder Isabelle Koster-Oberlé (isabelle.oberle@education.lu)



D'AÉROMODELLISTE VU CHRËSTNECH

An der Januars-Editioun 2019, presentéiere mir emol all de Lieser vum FUUSS déi beschte Wënsch fir dat neit Joer!

Mir profitéieren, fir dem opmierksame Lieser eise Veräin vun den Aéromodelliste méi no ze bréngen. All Joer gëtt e Familljendag oder neierdénks en AMC-Dag organiséiert. Do gëtt am Vugelsbësch, um Fons-Mehlen-Terrain, e gemittlechen Dag mat Famill, Frënn a Bekannten organiséiert.



D'Chargé si verdeelt an et gëtt fläisseg gehollef, fir en agreabelen Dag zesummen ze verbréngen. Sou richteg feierlech mat Zelt, Allocutioun vum éischte Mann am Comité, Gegrills, vill variéiert Zaloten, e gudde Pättchen ... duerno Desserter, déi ee sech net géing erwaarden, an natierlech eng Taass Kaffi.



Nom Mëttegiessen, ënnert dem Zelt, ass et natierlech un de Piloten, fir hir lescht Kreatiounen an d'Resultat vun hire villen Trainingsflig virun engem interesséierte Public ze demonstréieren.



Alles huet gutt geklappt! D'Jugend war aktiv. Just engem Heli säi Rotor huet vun Opreegung an d'Gras gegräff an d'Zännrieder schadeg gemaach, ier et zum Envol koom!



Wann Dir Interessi hutt, fir beim AMC matzemaachen, da kënt Dir Iech mellen, beim **Pol Mehlen** ënnert den Telefonsnummern: **87 90 17** a **621 219 129**

Text a Fotoen: Dani Steffen & Push Steffen

UERGELFRËNN WALDBËLLEG

Am Fréijoer an am Hierscht 2018 hunn d'Uergelfrënn Waldbëlleg dräi grondverschiedde Concerten vun héijer Qualitéit organiséiert.

De **26. Mee** sinn d'**Elysian Singers** aus London als Deel vun hirer Lëtzebuerger Concerts-Tournee op Waldbëlleg sange komm.

The Elysian Singers of London sinn 1986 an d'Liewe geruff ginn. Hire Grënnungsdirigent, de Matthew Greenall, hat grad säi Museksstudium zu Oxford ofgeschloss. Dofir ware vill vun den ufängleche Sänger fréier Student(inn)en aus Oxford (ënnert hinnen den haitege President vun den Uergelfrënn Waldbëlleg a seng Fra). Am Joer 2000 huet de **Sam Laughton** d'Direktioun iwwerholl.

Zanterhier hu sech d'Elysians zu engem vun de féierende Chéier vu London entwéckelt. Si hu vill CDen erausginn an sinn a prestigiéise Londoner Concerts-Säll wéi St John's, Smith Square, de Royal Festival Hall oder St Martin in the Fields opgetrueden. 1998 hu si bei enger 50.-Gebuertdags-Feier fir de Prënz Charles gesongen.


Zu Waldbëlleg hu si e variéierte Programm vun haauptsächlech englesche Komponisten – vum Thomas Tallis (1505-1585) bis hin zu Zäitgenosse wéi den Tarik O'Regan (*1972) – gesongen. Um Programm stoungen och Wierker vum Johann Sebastian Bach, an zwar sinn säi Motet „Der Geist hilft unsrer Schwachheit auf“ gesongen a seng Präludium und Fuge in G (BWV 541) vum Organist **Ben Driver** gespilt ginn. De Ben Driver huet de Chouer och am Charles Wood (1866-1926) sengem „Thou, the Central Orb“ begleet.

D'Nolauschterer an der Waldbëlleger Kierch ware vun der Schéinheet vum Gesank wéi och vun der Muecht vum Stëmmeklang staark impressionéiert. No der obligater Zougab sinn de Chouer an de Publikum an der Cafeteria vun der Sportshal fir e Patt invitéiert ginn. Den Dag duerno (sonndes de 27. Mee) hu si och e Concert an der Stader Paterekierch gesongen.

Den **30. September** huet dann den Ensemble **Ad Libitum** e Concert mam Titel „Sakrales a Profanes aus der Barock-Zäit“ gespilt.

Den Ensemble Ad Libitum ënnert der Leedung vum **Rosch Mirkes** ass 2000 aus engem Kammerchouer ervirgaangen; haut ass en en Ensemble „à géométrie variable“ an trëtt haauptsächlech als gemëscht Formatioun (d.w.h. mat Sänger an Instrumentalisten) op.

Den Ad Libitum setzt sech zesummen aus Amateur- a Profi-Musiker, déi op Barock-Instrumenter spillen. Op déi Manéier stellt den Ensemble Instrumenter vir, déi manner gutt bekannt sinn, z.B. de Chalumeau, den Traverso, d'Viola da Gamba oder och nach den Cembalo. Zu Waldbëlleg hu gespilt resp. gesongen: Rosch Mirkes (Uergel an Cembalo); Laurie Dondelinger (Sopran), Caroline Reuter (Gei), Sabine Vermeersch (Traverso), Jean-Paul Hansen (Hautbois) a Beate Wins (Viola da Gamba).





Hire Concert bestoung aus zwéin Deeler. Am éischten Deel, am Duxall, huet d'Laurie Dondelinger, mat Uergelbegleitung vum Rosch Mirkes, dräi Lidder aus dem Händel sengem „Messias“ gesongen. Am zweeten Deel huet den Ensemble ënnen an der Kierch Wierker vun Telemann, Händel a Lignani gespillt. Mat enger 70 Leit war d'Kierch bal voll, an zum Schluss huet de President der Sopranistin e Bucki Blummen iwwerrecht. De Rosch Mirkes huet fir seng Verdéngschter – a fir säi Gebuertsdag, deen hien dee selwechten Dag gefeiert huet – och e Cadeau kritt.

© Damaris & Marc Barthelemy

De **4. November** ass dann en Duo Flütt/Uergel e Recital op Waldbëlleg spille komm. D'Flüttistin **Christiane Denne-meyer** ass un der Uergel vum engleschen Organist **Roger Goodwyn** begleet ginn. Si hunn e Programm gespillt deen, ausser dem Concerto vum Vivaldi, haaptsächlech aus Wierker vu Komponisten aus der Romantik, ënnert anerem dem Reynaldo Hahn (1874-1947) dem Josef Rheinberger (1839-1901) oder der Cécile Chaminade (1857-1944), a vu liewege Komponiste wéi dem Claude Bolling (*1930) oder dem Jérôme Naulais (*1951), bestanen huet.

Aneshtes wéi an de meeschte Concerten, déi an eiser Serie gespillt ginn, war dat e Programm vu bal ausschliesslech weltleche Stécker. Datt eis Uergel och fir esou e Programm gutt géeeent ass, dovun hu si de Publikum voll kënnen iwwerzeegen. D'Leit hunn apprécieiert a wollten den Duo net ouni e Bis fortgoe loossen.

An der zweeter Halschecht vun 2018 ass d'Uergel selbstverständlech och fir déi regelméisseg Massen zum Asaz komm, ë.a. d'Mass fir Mariä Himmelfahrt de **15. August**, an och d'Waldbëlleger Kiermesmass den **11. November** (gesonge vum **Branebuerger Gesank** ënnert der Leedung vum **Paul Jungels** mam Organist **Roger Recht**).

Leider Gottes ass an dëser Zäit och en treien Uergelfrënd vun äis gaangen, an zwar den Här **Louis Schiltz** vun Haler. Seng Begriefnesmass ass den **9. August** zu Haler, a seng Sechswochemass den **22. September** zu Waldbëlleg vu senge Kollegen aus dräi Chéier gesonge ginn.

Fir 2019 hunn d'Uergelfrënn schonn zwee Concerten um Programm stoen, an zwar:

- Sonndes, de 24. Februar 2019 ëm 17.00: Uergelrecital vum **Jos Majerus**, Titularorganist vun der lechternacher Basilika.
- Samsdes, de 15. Juni 2019 ëm 20.00: Uergelrecital vum **Guus Theelen**, Organist vun der St Lodewijkskerk zu Leiden (NL).

Henry Wickens (President, Uergelfrënn Waldbëlleg)

Den Cembalo

Beim Concert vum Ensemble Ad Libitum sonndes den **30. September 2018** an der Waldbëlleger Kierch huet de Rosch Mirkes de Grupp geleet, Uergel an Cembalo gespillt. Zu dësem außergewéinlechen Instrument huet hien eis e puer Detailler ginn.

„Obschonns den Cembalo Tasten huet, ass et en Zupfinstrument esou wéi eng Gittar. Beim Piano ginn d'Taste gedréckt an dobäi schléit en Hummer op d'Säiten, während beim Cembalo beim Drécke vun den Tasten eng Gänseplomm un der Sait zitt.

Den Cembalo staamt aus der Barockzäit, also vun esou géint 1560 bis ongeféier 1760. De Klang ass vu kuerzer Dauer, och wann een d'Taste méi laang gedréckt hält. Et kann een och net lues (piano) oder fest (forte) spillen. Et huet een awer méi Regëster esou wéi bei der Uergel, a mir ënnerscheeden Cembali (=Méizuel) mat engem oder zwee Manualer (=Tastaturen).“

Rosch Mirkes



📷 Damaris Pletschette

UM GOLF

De 26. Oktober huet de Golf & Country Club zu Chrëschtnech de 25. Anniversaire vun der Membership bei der Fédération luxembourgeoise de Golf gefeiert. Vill Éiergäscht an och de Schäfferot vun der Gemeng Waldbëlleg, waren der Invitatioun gefollegt an hunn un där agreabler Festivitéit deelgeholl.



Den Här Marc Wantz, Koordinator vum Junior Golf Club, an den Här Marcel Sweers, Captain vum Golf Club, hunn d'Leit begrüsst, ier den Här Claus Leske, Grënner a President vum Golf Club, d'Geschicht vum Veräin erzielt an en Ausbléck op d'Zukunft ginn huet.

E variéierte Programm mat Show an Danz huet den Owend animéiert.



RAPPORT IWWERT D'AUSSTELLUNG PRÉHISTOIRE AM MËLLERDALL VUM SAMSDEN 20. - SONNDEN 28. OKTOBER 2018 AN DER KIERCH ZU WALDBËLLEG

an néng Vitritten a mat siwe Plakater, ënnerem Duxall.



D'Ausstellung wor 66 Stonnen op, an zwar vun 10 bis 18h di zwee Weekender, soss vun 15 bis 18 Auer a moies fir d'Primärschoulsklassen.

Affichen an e Programmheft hunn informéiert iwwert Inhalt, Vernissage a Konferenz.

1. Fir- an Nobereedung

Den Tri an den Op/Ofbau huet d'Société préhistorique luxembourgeoise mam Marcel Ewers di Woch virdrun sur place gemat. Mat der Hëllef vun de Gemengenaarbechter hunn de Fernand Spier an de Johnny Karger alles getässelt; de Johnny Karger huet eng professionnell Power-point-Präsentatioun gemat. D'Zeechnunge si vum Benoît Clarys. D'Uergel gouf gespillt vun Herry Wickens a Jos Majerus.

D'Ekipp vun der Kultur- an Tourismus-Kommissioun huet d'Permanence assuréiert an esou den omniprésents Marcel Ewers bei senger Féierungen begleet an ënnerstëtzt, an och den Accueil vun de Kanner encadréiert.

2. Schoukllassen

Et haten sech sechs Klassen ugemellt, véier vu Waldbëlleg an zwou vun Konsdref. Sou konnte moies **104** héich interesséiert Kanner mat de Léierinnen d'Ausstellung vum begeeschterte Marcel Ewers erkläert kréien. Si kruten eng bis annerhallef Stonn vill gewisen a kruten och hir Froen beäntwert.

Di gréisste Klass woren ze 23 komm, brav, mee ebe Wibbelde wappen. An der Mëtt vun der Féierung gouf een interaktivt Bewegungsspill op der Wiss virun der Kierch agebaut, „Sichen a Fannen“. Dëse Message sollt jidderee fir d'Zukunft mat op de Wee kréien: D'Aen op a lass! Et gouf eng Course gemat am Fossiliesammelen. Och wann dat wäit vum Sujet ewech wor, woren d'Kanner frou an hunn all d'Stécker gär gehal. Dono wor et nees mei einfach mat der Konzentratioun fir deen zweeten Deel vun der Féierung.

3. D'Visiteure vun der Ausstellung

Ganz vill Leit woren Préhisteire-Experten a Bekannter vum Marcel Ewers, regional a landeswäit!

Et sinn och vill Bauere kucke komm a vill Leit hate Steng oder soss Saachen dobäi, fir dem Marcel Ewers ze weisen.

Mir hu probéiert, all Dag de Suivi vun de Visitten opzeschreiwen, a koumen op **318 Leit!** Si woren tëscht 5 an 150 Minuten dobannen, e puer sinn eng zweete Kéier erëmmkomm.

Eng Fra kourm dräimol an d'Kierch „pour prier un peu“. Eng Partie Visiteuren hunn déi renovéiert Kierch bewonnert.

Mir hu vill Expo-Plakater gratis verdeelt, déi jo GR-ink ganz schéi graphesch gestalt hat. Mir hu Flyere verdeelt fir de Concert mat Flute an Uergel vum 4.11.





Samsdes, den 20. Oktober um 10 Auer wor de **Vernissage** mat enger **30** Leit. De Maxime Bender huet eng Ried gehal, wouran hien dem Marcel Ewers säi Liewenswierk gewierdegt huet. De Fernand Spier huet d'Ausstellung virgestallt. Den Tom Lucas huet mat Stativer all d'Vitrine geknipst.

Donneschdes, de 25. Oktober, ab 19 Auer wor eng **Konferenz**, wou mir eng **90** Leit gezielt hunn!

D'Madame Buergemeeschter Andrée Henx-Greischer huet eng Ried gehalten, an de Marcel Ewers an och déi zwee Conférenciere mat enger Corbeille géiert. Exposéé si gehale gi vum Prähistorik-Fachmann Fernand Spier vun der Société préhistorique, a vum Foni Le Brun-Ricalens, Direkter vum Service d'archéologie préhistorique vum Centre national de la recherche archéologique, iwwer *L'homme du Loeschbour*.

Den Här Le Brun-Ricalens huet e Film gewisen, mat der Animatioun iwwert d'Mënsche vum Loeschbour. En huet iwwert déi rezent Fuerschunge geschwat, wou mat genetischen Analysen den Haplotyp vun deene Mënsche festgestallt gouf. Domat weess een, datt si mat grousser Sécherheet eng däischer Haut, schwaarz Hoer a blo Aen haten. En hat de Film op DVD matbruecht, wouvunner der ganz vill gratis verdeelt goufen.

Den Här Le Brun-Ricalens huet en Eloge op de Marcel Ewers gehalten an ënnerstrach, datt de Marcel him de Wee gewisen hat, fir Archeolog ze ginn. An datt hien, den Här Le Brun-Ricalens, dësen Owend dofir op Waldbëlleg komm ass, obschonns hien op d'Séance académique vun dem Institut grand-ducal sengem Anniversaire invitéiert war. Hien huet dem Marcel zwee Bicher geschenkt.

Gedrénks um Vernissage an no der Konferenz an d'lessen no der Konferenz, Schnittecher a Pain-surprise, si vun der Gemeng gestéft ginn.







4. Allgemenge Fazit

D'Expositioun wor e Risesuccès, wéi mir eis en net erwaart haten. Jidderee wor déck zefridden.

Fir de Marcel Ewers wor et spannend a flott. Mee e wor frou, wéi di Woch eriwwer wor, déi hie mat stralendem a phänomenalem Asaz gemeeschtert huet!

Damaris



© Damaris, Filipe Soares & Tom Lucas (MNHA)

PREHISTOIRE AM MËLLERDALL

DÉI SCHÉINSTE FONDSTÉCKER VUM MARCEL ELJERS - AUSSTELLUNG AN DER KIERCH ZU WALDBËLLEG

20. - 28. OKTOBER

MÉINDES BIS FREIDES VU 15H BIS 19H. SAMSCHDES A SONNDES VUN 10H BIS 18H.
VERNISSAGE: SAMSCHDES, DEN 20. OKTOBER UM 10H.

DONNESCHDES, DE 25. OKTOBER, SINN AN DER KIERCH UM 19H D'ÉIERUNG VUM MARCEL ELJERS,
E VIRTRAG VUM FERNAND SPIER (SOCIÉTÉ PRÉHISTORIQUE LUXEMBOURGEOISE) „PREHISTORIKER AM MËLLERDALL“
AN ENG KONFERENZ „L'HOMME DU LOESCHBOUR“ MAM FONI LE BRUN-RICALÈNS (DIREKTER VUM SERVICE D'ARCHÉOLOGIE PRÉHISTORIQUE VUM CNRA)

D'ENTRÉE ASS GRATIS.

DE MARCEL EWERS

De Marcel Ewers ass vun Haler, aus dem Haus A Schoustesch an der Henerecht. Seng Famill huet do zanter Generatiounen e Bauerebetrib, deen de Marcel Ewers iwweholl huet.



Fotoen: Maxime Bender, Marc Barthelemy

Hie gouf gebuer den 3. Abrëll 1938 a krut also dëst Joer seng 80 Joer. Als Kand huet hien déi fierchterlech Bombardementer vun Haler an der Ardenneroffensiv erlieft an huet misse mat senger Famill flüchten. Seng Témoignagë waren en Héichpunkt vun der Erënnerungswoch, déi 70 Joer no där Offensiv vun der Gemeng Waldbëlleg am Joer 2014 organiséiert gouf.

Duerch Zoufall hat de Marcel Ewers als jonke Käre an engem Stéck vun hirem Betrib eng réimesch Mënz fonnt. Domat hat hie seng Passioun entdeckt, d'Préhistoire. Zanterhir zitt hien duerch d'Felder, wann se frësch geplout gi sinn, a sicht no Iwweereschter aus den alen Zäiten.

1979 ass zu Lëtzebuerg eng wëssenschaftlech Gesellschaft gegrënnt ginn, d'Société préhistorique luxembourgeoise. Zanter e puer Joer ass de Marcel Ewers President vun där Sociéitéit, déi eng 200 Membere an hire Sëtz an der Gemeng Waldbëlleg huet, an der Sportshal. Do ass och hir Bibliothék, déi interesséiert Leit kënnen kucken, wann si sech beim Marcel Ewers umellen.

Um Reineschaf (Gemeng Miedernach) huet de Marcel Ewers Outilen aus dem Magdalénien (20.000-12.000 viru Christus) opgeraaf. Déi sinn elo an enger Vitruin am Staatsmusée. Am Immendall an der Gemeng Waldbëlleg huet hie vill fonnt aus dem Mesolithikum, der Mëttelsteenzäit (10.000-7.000 viru Christus). Um Gréiwehaff huet en sech an engem Joer fir bis zu zwanzeg Feilspëtze gebéckt. Och eng ganz Partie Aaxten aus Silex aus eiser Géigend koumen a seng Sammlung.

Déi schéinste Stécker aus dem Marcel Ewers senger Sammlung ginn hei gewisen, och déi, déi normalerweis an der Stad am Musée leien.




Fotoen: Pierre Haas

D'MËTTELSTEENZÄIT RONDERËM WALDBËLLEG

D'Mëttelsteenzäit oder de Mesolithikum ass d'Zäit vun den noäiszäitleche Jeeër a Sammler bis zu den éischte Baueren, also bis zum Ufank vun der Jongsteenzäit, dem Neolithikum. Chronologesch datéiert de Mesolithikum tëschent ongeféier 8.200 bis 4.500 viru Christus.

Mat de Klimaverännerunge vum Spéitglazial verschwannen déi mat Kiferen a Bierken duerchsate Grassteppe vum Ennpaläolithikum, der Alsteenzäit. Lues a lues deene Bëscher sech méi aus a verdrängen esou de Liewensraum vu Wëllpäerd a Renndéier. D'Déierewelt vun der Mëttelsteenzäit entsprécht méi oder manner där vun haut.

Am Mëllerdall ass d'Mëttelsteenzäit fréi bekannt ginn duerch d'Ausgruewunge vum Nicolas Thill um Loschbour am Joer 1935. Déi lescht Joerzénge ass, duerch d'Prospektioun vum Marcel Ewers, d'Zuel vun de mëttelsteenzäitleche Fondplaze staark an d'Luucht gaang. Op der Gewan vu Waldbëlleg an an der Ëmgéigend huet de Marcel Ewers méi ewéi zéng mesolithesch Plazen entdeckt.



D'Sitten *Ermsdorf-Siwebaach* a *Grewenhaff*, mä och *Pletschette-Baachbiereg* a *Plateau Reineschhaff* si besonnesch gutt dokumentéiert mat deene villen, 5 bis 50 Millimeter kleng geometresche Feilspëtzen, och *Mikrolithe* genannt. Donieft sinn och aner Artefakte fonnt ginn, déi op e Basiscamp hiweisen.

D'Mikrolithe sinn typesch fir de Mesolithikum. Mat Bierkepech sinn déi kleng Spëtze säitlech, ewéi bei enger Harpun, um Feil fixéiert ginn.

Zu Waldbëlleg, am *Niesendall* oder am *Bëlleger Dall*, oder zu Haler, am *Suwel* ënnert anerem, ass d'Zuel vun de Mikrolithe geréng. Dës Plaze sinn éischter als sougenannten *Haltes de chasse* ze interpretéieren.

No der Kompositioun vun de Mikrolithentype ginn déi verschidde mesolithesch Phasen a Kulturen definéiert.

Mam Erschéng vum den éischte sesshafte Gruppe vu Mënschen, ewéi de sougenannte *Bandkeramik-er*, déi Akerbau a Véizuucht bedreiwen, geet d'Mëttelsteenzäit zu Enn. Et ass den Iwwergang zu enger produktiver Ekonomie. Dëst ass am Raum Waldbëlleg gutt beluecht mat bandkeramesche Stécker, mä och mat Keramikstécker vun den Typen *La Hoguette* a *Limburg*, esou ewéi och mat Flachhacken, deene sougenannten *Herminetten*.

Fernand Spier

Jean Engling



Eduard Thibold



Nicolas Thill



Les sites mésolithiques d'Ermsdorf-"Grewenhaff" (Fig. 1:3) et de Medernach-"Reineschaff" (Fig. 1:4) ont déjà fait l'objet d'une publication en 1986 (SPIER et EWERS 1986), mais une étude ultérieure est prévue en raison de nouvelles découvertes qui viennent d'enrichir la documentation ancienne sans qu'il existe pour autant un changement notable dans l'attribution chronoculturelle proposée à l'époque.

La présente étude concerne surtout l'industrie mésolithique du site de Pletschette-"Baachbiert", commune de Medernach, ainsi que les trouvailles plutôt isolées faites à proximité du site dans un rayon d'environ deux kilomètres.

Pour éviter toute confusion à l'égard de la localisation des découvertes, nous avons retenu les désignations employées par M. EWERS, en l'occurrence les noms du lieu-dit, de la section et de la commune. La carte topographique publiée en 1954 par l'Administration du Cadastre et de la Topographie, Luxembourg, feuille Larochette (Echternach n^{os} 1-2), sert d'appui.

2. Situation et topographie

Les découvertes ci-présentées proviennent essentiellement d'un vaste plateau du Grès de Luxembourg, étage Hettangien du Lias inférieur (Fig. 1), limité à l'ouest par les localités d'Ermsdorf et de Medernach, à l'est par la ferme de Pletschette donnant le nom à la section, et plus au sud par la localité de Savelborn. Tandis que la partie ouest du plateau est entaillée par des vallons ordinairement à sec en raison des nombreuses sources captées bien que tributaires de l'Ernz Blanche, la partie située à l'est comprend des vallées allongées avec des petits ruisseaux tributaires du "Halerbaach" qui se jette dans l'Ernz Noire. La ligne de partage du réseau hydrographique, en direction sud-nord, se situe à l'Est du "Reineschaff" et du "Firtgeschaff" à une altitude de l'ordre de 420 m.

Le site du "Baachbiert", section de Pletschette, commune de Medernach (Fig. 1:1), se situe au sud-ouest de la ferme Pletschette, en amont d'un vallon. La déclivité du terrain a certainement favorisé l'érosion, ce qui peut expliquer la répartition assez étendue, sur quelques ares, des artefacts.

La concentration de "Siwebaach-Olster", section d'Ermsdorf, commune d'Ermsdorf (Fig. 1:2), se situe à environ 800 m au nord-ouest du site de "Baach-

biert". La situation topographique est sensiblement identique à celle décrite précédemment, terrain en pente, localisation en amont d'une vallée allongée drainée par le "Siwebaach", tributaire du "Halerbaach". D'ailleurs la situation topographique de la plupart des trouvailles isolées (Fig. 1:5-11) en question répondent aux mêmes critères d'installation.

L'altitude élevée des découvertes, entre environ 360 m et 400 m, permet la dominance de toute une région dans un rayon de plusieurs kilomètres, ce qui présente un net avantage pour des populations de chasseurs-cueilleurs.

3. L'industrie lithique du site Pletschette-"Baachbiert"

3.1 La documentation

La documentation recueillie sur la concentration mésolithique du site Pletschette-"Baachbiert" comprend à peu près 600 artefacts. Cependant une contamination avec des pièces antérieures ou postérieures au Mésolithique est difficile à exclure, car ce vaste plateau a livré, outre les ensembles mésolithiques, différentes industries préhistoriques allant du Paléolithique ancien jusqu'à l'Âge des Métaux. Relevons à ce sujet la présence certaine de trois objets néolithiques anciens (Fig. 3:10-12), en l'occurrence deux herminettes (SPIER et EWERS 1990; LE BRUN-RICALÈNS 1991) ainsi que d'un tesson de céramique du Limbourg (LÖHR et EWERS 1985), voire de la Hoguette d'après P.L. VAN BERG (VAN BERG 1990), sur le site mésolithique, respectivement à proximité immédiate de celui-ci.

La plupart des silex sont patinés, mais pas de façon uniforme. L'altération va du gris-bleu au blanc, mais elle n'est que rarement très accentuée, en particulier pour le silex gris moucheté des assises supérieures du Maastrichtien. Étant donné que ce dernier silex est également largement répandu au Néolithique de la région, il paraît difficile de faire un tri sur cette base, surtout en ce qui concerne l'outillage du fonds commun.

D'après la composition du spectre microlithique, et en se basant sur les résultats typométriques, on a probablement affaire à deux occupations mésolithiques diachroniques. En raison de ces contraintes, le matériel du fonds commun et le débitage ne seront traités qu'en bloc.




Fig. 1: Situation topographique des sites.

- | | |
|---|---|
| 1, Pletschette-"Baachberg", comm. de Medernach; | 7, Waldbillig-"Kelleschaff", comm. de Waldbillig; |
| 2, Ermsdorf-"Siwebaach-Olster", comm. d'Ermsdorf; | 8, Waldbillig-"Bëllergdall", comm. de Waldbillig; |
| 3, Ermsdorf-"Bruch-Grewenhaff", comm. d'Ermsdorf; | 9, Waldbillig-"Niesendall", comm. de Waldbillig; |
| 4, Pletschette-"Plateau-Reineschaff", comm. de Medernach; | 10, Haller-"Suewel", comm. de Waldbillig; |
| 5, Savelborn-"Hoenneschte Grond", comm. de Medernach; | 11, Haller-"Laengt", comm. de Waldbillig. |
| 6, Savelborn-"Stierkt", comm. de Medernach; | |

(Extrait de la carte topographique: Administration du Cadastre et de la Topographie, feuille de Larochette (Echternach n^{os} 1-2), 1:25 000, édition 1954, modifiée par P. ZIESAIRE).




Fig. 2: Pletschette-"Baachbiërg"

1-31, armatures attribuées au stade moyen (Dessins: Fernand SPIER).





Fig. 3: Pletschette- "Baachberg"


1-9, armatures attribuées au stade récent/final; 10 céramique du Limbourg; 11-12, lames d'herminette
 (Dessins: 1-9, Fernand SPIER; 10, Hartwig LÖHR; 11, Foni LE BRUN-RICAENS; 12, Marcel EWERS).

BEAFORT - IM WANDEL DER ZEITEN



Zzeichnung (von A. Schwaner, MNHA) mit Betonung der dekorativen Elemente zur Abbildung auf der rechten Seite oben

11-108
A. Schwaner



DIE VORGESCHICHTLICHE BESIEDLUNG DER HOCHEBENE VON BEFORT




Dekorierter, bronzzeitlicher Teller aus einem urnenfelderzeitlichen Grab (Supp), er wurde im Staatsmuseum hervorragend restauriert

(Foto: A. Bover, MNHA)

DIE VORGESCHICHTLICHE BESIEDLUNG DER HOCHEBENE VON BEFORT

Marcel Ewers



Affichen op der Ausstellung

- Texter Marc Barthelemy, Fernand Spier,
- Konzeption: GR-ink
- Quellen:
 - o Bulletin de la Société préhistorique luxembourgeoise Nr. 22.
 - o Die vorgeschichtliche Besiedlung der Hochebene von Befort. Marcel Ewers.
 - o Interview Marcel Ewers. Maxime Bender. Fuuss 2-2018.



BES. TZE CHA. GOH. FRI. HSTER. MER. PSE A. TEN
CHN. NC. HREN. NE. EM. E. NGANG. NI. A. SZANG

D'UELEGS MILLEN

Baussent vu Chrëschtnech a Richtung Präiteler Bréck läit déi al Uelegsmillen, och Uelegsmillen genannt. Vu bause fällt direkt de faarwege Relief vun enger Mater Dolorosa nieft dem Portal an d'A, an och d'Plack, déi un de Jean Engling erënnert, de bekannteste Chrëschtnecher, deen hei gebuer gouf.

En Arrêté ministeriel vum Kulturminister huet de 15. Dezember 2017 d'Uelegsmillen zu Chrëschtnech als Monument national proposéiert. Motivéiert gouf dat mat dem „Intérêt historique, archéologique, architectural, technique et esthétique“. De Conseil de Gouvernement huet de 6. September 2018 d'Uelegsmillen zu Chrëschtnech als Monument national klasséiert. Dee Klassement ass elo definitiv.

D'Uelegsmillen ass an der Motivatioun vum Arrêté vun 2017 esou beschriwwe ginn:

„Die an der Straße zwischen Christnach und Braidweiler Brücke gelegene Ölmühle wurde zwischen 1790 und 1791 von Johann Ries und seiner Frau Anna Maria Krippel erbaut. Nach 1800 kam die Ölmühle in den Besitz der Familie Engling, die den Geistlichen und Heimatarchäologen Jean Engling hervorbrachte, an den heute noch eine Gedenktafel erinnert. Der Betrieb dieser Mühle ist offensichtlich schon 1855 stillgelegt worden. Im Urkataster von 1824 ist die Mühle schon als Dreikanthof unter der Bezeichnung „bey der Oligsmühllén“ eingetragen.




Von der Straße ist die Ölmühle durch eine kleine Brücke über den Christnacher Bach, auch „Kessleckerbaach“ genannt, und ein Wirtschaftsgebäude mit Tordurchfahrt getrennt. Der Schlussstein dieses Tores trägt die Jahreszahl 1844. Im Inneren der Durchfahrt befindet sich ein angeblich römisches Fragment, welches bei Abriss der Kapelle in Braidweiler 1881 entdeckt wurde und welches Jean Engling hier anbringen ließ. Durch den Torbogen gelangt man in den Innenhof, in welchem sich das Wohnhaus und das Mühlengebäude befinden. Das dreiecksige Wohnhaus mit Drempelluken scheint um 1850 einen neuen Eingang oder zumindest eine neue Haustür bekommen zu haben, die unterhalb der profilierten Verdachung eine wohl von Jean Engling entworfene Inschrift trägt. Auch die Eingangstür zur Mühle trägt eine solche Inschrift. Das sich an das Wohnhaus anschließende Mühlengebäude setzt sich durch seine rundbogigen Fenster- und Türstürze klar vom Wohnhaus ab. Quer zum Mühlenteil steht die Scheune mit großem und kleinem Scheunentor und runden Lüftungsöffnungen; der Schlussstein des großen Scheunentores trägt die Datierung 1839. Neben der Tordurchfahrt an der Außenmauer befindet sich ein farbig gefasster barocker Bildstock. Die Inschrift am Fuß des vierkantigen Schaftes lautet: „HENRICUS ENGLING CATHARINA WELTER 1831“. Darüber befindet sich eine Reliefdarstellung der Hl. Katharina mit einem Rad, die in der Inschrift „S. Catharina“ benannt wird. Den oberen Abschluss bildet ein leicht geschweiffter Stein, der unterhalb von drei geflügelten Engelsköpfen ein plastisches Pieta-Relief zeigt. Neben den Füßen Jesu befindet sich ein weiterer geflügelter Engelskopf, neben ihm kniet eine kleine Gestalt, möglicherweise Maria Magdalena, die seinen Arm hält.


Ein erhaltenswertes Kulturgut ist das Anwesen durch seine für die Erbauungszeit charakteristische Gestaltung und durch seine Bedeutung für die Handwerks- und Technik-Geschichte, der Bildstock als Objekt der Volkskunde und durch seine für die Entstehungszeit charakteristische Gestaltung.“

Den Haff vun der Uelegsmillen ass ganz vu Gemaier ëmginn a gläicht engem Patio, wéi een e vu spuenesche Gebaier kennt. Eng Dier féiert eraus op de Wollefsbiërg. Do goufen tëscht 1840 an 1863 Iwwerreschter vun enger Réimervilla fonnt an ausgegruëwen. Et waren dat Stécker vu Sailen, Trapesteng, Äschen a Schanke vu Mënschen an Déieren, Mënz, Urnen, Zillen, Schierbelen. Déi Fondstécker huet de Professor Jean Engling 1864 genee opgezielt am XX. Band vun der Publikatioun vun der Archeologescher Gesellschaft. Déi al Nischen, wou déi réimesch Hausgötter dra stoungen, sinn nach haut ze gesinn, mee si sinn natierlech eidel.

Verschiede vun de Steng, déi um Wollefsbiërg fonnt goufen, sinn zu enger Nisch zesummegebaut ginn, déi haut nach steet.

An der Mille fanne sech verschidde Chronogramme vum Jean Engling, d.h. Spréich, wou Buschtawe grouss gesat gi sinn, déi fir réimesch Zuele stinn an zesummegezielt en Datum erginn. Iwwert der Agangsdier fir an d'Wunnhaus steet e Sproch, deen op d'Joer 19850 hindeit, wat vläit heescht, datt déi Dier erëischt dat Joer gebrach gouf:





BESCÜTZE GNÄDIG O HÜLFREICHSATER VATER DIESER ALTEN WOHNVNG IHREN NEVEN EINGANG UND AVSGANG!

Bei der Helleger Katharina geet et em d'Katharina vun Alexandrien, die vum Keeser Maxentius (306-312) sollt wéinst hirem chrëschtliche Glawen op e Rad gespaant ginn, dat awer dobäi zersprongen ass. Si huet dunn de Kapp erofgeschloe krit. Si ass eng vun de Virgines capitales, de véier groussen hellege Jongfraen. Si gehéiert och zu de véierzéng Nouthelfer an hëlleft bei Problemer mam Schwätzen a mat der Zong. Si ass Patréinerin vun de Schoulen a vun den Néieschen.

De Jean Engling (1801-1888)

An der Uelegsmille gouf de bekannteste Chrëschtnecher gebuer, de Jean Engling.

Hie war Chanoine vun der Cathedral a Professor um Kolléisch an um Seminär, an ee vun den Haaptleit vun der Groussherzoglech Lëtzebuergescher Archäologescher Gesellschaft. Hien huet wäit iwwer honnert Artikelen iwwer Kierchen a réimesch Monumenter geschriwwen, dorënner der vill iwwer d'Waldbëlleger Gemeng ewéi *Die Gemeinde Waldbilling archäologisch-statistisch dargestellt*, deen am *Livre d'Or* vun der Fanfare Waldbëlleg 1977 ofgedréckt gouf.

De Jean Engling huet Chrëschtnech ëmmer als säin Heemechtsduerf bezechent. Hie war op der Millen därmoosse beandrockt vun de réimesche Virbewunner, datt e sech e Buedhaische baue gelooss huet, no réimeschem Virbild, mat enger stengerer Buedbiden, duerch déi d'Waasser vun der Kessleckerbaach konnt derduerch lafen. Hie war keen Erkaaltenen, datt e sech konnt do bueden; et ass vun him gesot ginn, hie wier en Haarde gewiescht.

De Jean Engling iwwert d'Gemeng Waldbëlleg

D'Hiergerbuerg

Et gi vill Seechen iwwert d'Hiergerbuerg an d'Ritter, déi do gewunnt hunn. Mee richteg ass net vill bekannt. Ausféierlech ass de Jean Engling dorobber agaang an *Die Gemeinde Waldbilling archäologisch-statistisch dargestellt*. (Publications de la Société pour la recherche et la Conservation des monuments historiques (PSH), Band 3, 1847)

„Über diese Naturgestalten ragte einst, am linken Ernzufer, die alte Häringerburg empor. Wie ein Helm auf eines Riesen Haupt, so erheben sich heute noch ihre Trümmer auf steiler und beinahe unzugänglicher Felsenspitze. Dieses Überbleibsel des kühnen Rittersitzes ist aber dermaßen in so schnellem Zerfall begriffen, dass es in wenigen Dezenen wohl gänzlich verschwinden wird. Mit ihm verschwindet die letzte Spur der Häringer Herrschaft, deren Besitzer vormals Grund- und Gerichtsherren von Haller und verschiedenen Höfen waren. Schon vor Jahrhunderten stürzte die Burg zusammen, aber die gleichnamige Herrschaft dauerte fort bis in die letzte Hälfte des vorigen Jahrhunderts. Gegen 1760 gehörte sie dem Freiherrn von Hufnagel, ward aber samt ihren Gerechtsamen bald darauf der Grafschaft Befort als Eigentum einverleibt. Von dem Grafen Briey de la Claireau kam sie durch Verkauf an den Freiherrn v. Tornaco, welcher sie an seinen Schwiegersohn, den Grafen von Liedekerke, vererbte. Dieser, der letzte Erbe des Häringer Besitztums, überwies davon 144 Morgen, worin die Burgtrümmer liegen, 16 Einwohnern Waldbilligs zum Ersatz für ihr abgetretenes Holzungsrecht in den herrschaftlichen Waldungen. Bei der 1845 erfolgten Teilung derselben fiel der noch vorhandene Mauerrest der Burg in das Los des Michael Broos, welcher an deren Herstellung eben so wenig denkt als jeder andre, dem ihr Besitz hätte zufallen können.

Der Ursprung des Schicksals und Zerstörung dieser Burg umhüllt undurchdringliches Dunkel. Wie Melchisedech in der heiligen Urkunde, so steht Häringen in unserer Geschichte; beider Ursprung und Ende sind unerwähnt. Nur eine unerweisliche Gelehrtenmeinung, die dazu noch in Widerspruch steht mit der Bauart Häringens, führt die Entstehung dieser Burg bis auf die Römer zurück und stützt sich deshalb auf die vielerlei in der Nähe entdeckten römischen Altertumsspuren. Die Anhänger dieser Ansicht geben vor, weil es sich, wie Schneider sagt, bestätigt gefunden, dass mehrere der Ritterburgen auf den Rhein- und Moselgebirgen über den Fundamenten römischer Kastelle und Warttürme erbaut wurden, so könne auch die Häringerburg aus einem untergegangenen Römerposten hervorgegangen sein; dann, fügen sie hinzu, erkläre es sich, warum der am linken Bachufer, d.h. an der Stelle der römischen Altertümer, erbaute Teil Waldbilligs unter die Herrschaft Befort, der am rechten Ufer gelegene aber unter die von der Fels kam.

Noch offenbar irriger ist es, wenn Vandermaelen und andere ohne allen historischen Anhaltspunkt die Häringer Burg ruine für das Überbleibsel eines ehemaligen Tempelherrenschlosses erklären. Weiter hat diese Erklärung nichts für sich als eine vage, sogleich noch zu berührende Volkstradition.

Allein nicht nur von dem Ursprunge, auch von den späteren Schicksalen, und namentlich der Zerstörung dieser Burg berichtet die Geschichte nicht das Mindeste. Nur eines weiß sie, dass die Häringer Ritter über blauem Felde einen goldenen Löwen auf ihrem Wappen führten. Reichhaltiger dagegen ist die Volkstradition. Sie versichert, dass die Tempelritter, nach Verjagung der Häringer Stammherren, deren Burg in Besitz nahmen, die Umgegend mit Gräueltaten erfüllten, und zur Sättigung Raubgier unter anderen die Felzer Herrenburg verheerten, wodurch sie sich selbst aber auch ihren bald erfolgten Untergang bereiteten. Führen wir diese Sage auf ihren eigentlichen Grund zurück, so scheint sie anzudeuten, dass die Müllerthaler Burg gleichzeitig mit der von Felz durch den Feldmarschall de Boufflers in den 80er Jahren des siebzehnten Jahrhunderts in Trümmer verwandelt wurde.

Wie diesem aber auch sei, so ist durch den bloßen Augenschein gewiss, dass die Häringerburg keine so ganz friedliche Bestimmung hatte und nur einer gewaltsamen Verheerung unterlag. Dies geht hervor aus ihrer Lage, ihren früher bestandenen unterirdischen Gängen, Zwinger und Fallbrücke, und ihrer beinahe gänzlichen Zertrümmerung, die nichts als ein durchbrochenes Mauerwerk verschont hat. Auch hatte sie in früherer Zeit harte Anfälle auszuhalten. Darauf deuten unstreitig die von Herrn Gouverneur de la Fontaine dem Luxemburger Museum geschenkten Äxte, Hammer, Lanzen, Säbel und Steigbügel, lauter Gegenstände, die, wie uns eine im Blankenheimer Archiv vorgefundene militärische Disposition zeigt, gewöhnlich bei dem Angriff oder der Belagerung einer Burg gebraucht wurden. Darauf deuten auch hin die mancherlei Sagen und Erzählungen, die im Munde des Volkes fortgehen.“

De Schwaarze Mann

Nieft dem Alewee, iwwert dem Möllerwee, ass am Fiels en aalt Reliefbild, de Schwaarze Mann. Doriwwer schreift de Jean Engling (op. cit.) dat heiten:

„Ein anderartiges, wiewohl schlecht erhaltenes Überbleibsel aus dem hohen Altertume scheint der so genannte Schwarze Mann in den Waldbilliger Leien. Fünf Minuten unterhalb des s. g. Müllenpeter, der neuen Chaussee, in einen lebendigen Felsenblock, ungefähr 4 Schuh hoch vom Boden, in 2 Schuh breiter und 4 Zoll tiefer Nische eingehauene, 3 Schuh 4 Zoll hohe und halberhobene männliche Figur mit über dem nun verschwundenen Kopf emporgehobenen Händen. Oben und unten ist dieselbe schwarz, von der Nabelgegend herab bis zum Knie aber rot angestrichen; ein Anstrich, den sie, weil derselbe auch über die verwitterten Teile verbreitet ist, zweifelsohne nicht bei ihrer Anbringung, sondern erst in späteren, und zwar meines Dafürhaltens, in den mittleren Zeiten oder kurz danach erhielt, nachdem es unter den Christen Sitte geworden war, die Götter der Heiden als Teufel zu malen.“

Nichts ist rätselhafter als der Ursprung und die Bestimmung dieses Bildwerkes. Mancher mag es wohl der mittleren oder gar neueren christlichen Zeit zuschreiben; allein dazu scheint es zu deutliche Spuren eines höheren Alters an sich zu tragen, und dem widerspricht auch seine völlige Nacktheit und unanständige Geschlechtscharakterisierung, ohne welche es gewiss wäre angefertigt worden, wäre es ein Werk von Christen. Laut Aussage des Herrn Ortspfarrers Schröder und verschiedener Augenzeugen, waren früher an ihm die Attribute der Männlichkeit ausgebildet, obwohl sie jetzt weggehauen sind; eine Verstümmelung, die im laufenden Jahre noch merklich zugenommen hat. Auch ist es kein vorrömisches d. h. gallisches Monument; denn, um ein solches zu sein, ist es zu wenig verwittert und in zu offenem Widerspruche mit der Sitte der alten Gallier, die, wie noch unlängst Witte erinnerte, ihre Gottheiten entweder gar nicht oder geschlechtslos darstellten. Auch lässt sich nicht behaupten, es sei ein Knabenwerk, etwa zum Zeitvertreibe beim Holz sammeln oder Viehhüten unternommen; denn dazu scheint es, wie wenig es auch den Anforderungen der Kunst entspricht, noch immer zu künstlich und zu großartig. Man kann aber wohl nicht umhin, es in die Römerzeit zu setzen und für seine heidnische Gott-



heit zu erklären, zumal mit dieser Erklärung auch eine erweislich über 100 Jahre zurücklaufende Volkstradition übereinstimmt.

Was ist es aber für eine Gottheit? Seines anscheinenden Kopfkranzes halber könnte man es für den Naturgott Priapus oder Bertumnus halten; aber mit ebenso gutem Grunde ließe sich annehmen, dass es einen Hercules saxanus oder ogmius, oder denselben Gott mit dem Atlas auf den Schultern, oder als Beschützer der Wege und Handeltreibenden, vorstelle. So wurde ja öfters Herkules in der Kaiserzeit und auf Felsen und Steinen abgebildet, am öftesten aber wohl unter der Regierung des Maximianus Herculeus (+ 310 n. Ch.) Herkules erscheint vielleicht den ihm vom Jupiter aufgeladenen Himmel tragend, um dadurch nicht sowohl seine eigne als vielmehr des Kaiser Stärke zu versinnbilden. Unterhalb des Monument-Felsens steht ein anderer kleinerer, bezeichnet mit den Buchstaben VA, an dessen Fuß, beim Ausgraben des neuen Straßenbettes, ein großes, vollständiges Mannsgerippe gefunden wurde, worüber sich aber nur Mutmaßungen aufstellen lassen, deren Feld ich hier dem Leser gern überlasse.“

D'Karelslee

De Professor Jean Engling huet als Éischten am Joer 1870 iwwert Ausgruewunge geschriwwen an den Hiele vun der Karelslee. Hie schreift, datt si „längst bekannt sind und keinen Beleg für das Steinalter enthalten.“

Dann hält hie fest: „Hiermit wollen wir aber ferneren Untersuchungen keineswegs vorgreifen, sondern nur begründen, warum wir die Höhlen unseres Landes für unergiebig in Bezug auf dessen Steinalter erklären.“

Duerch dës Quelle vum Jean Engling wësse mer, datt scho virun 1870 an der Karelslee gegruewe gouf. Zu där Zäit ass natierlech nach net vill bei esou Gruewungen erauskoum, well déi wëssenschaftlech Methodik onbekannt an d'Wëssen iwwer d'Virgeschicht ganz wéineg entwéckelt war.

Eréischt méi spéit, tëschent 1882 an 1908, gouf richteg encadréiert an der Karelslee gegruewen, ënnert der Leedung vum Nicolas van Werveke, dem deemolege Sekretär vun der historiescher Sectioun vum Institut grand-ducal.

An Amécht

D'Strooss vun Haler op den Haarthaff heescht an Amécht a bezitt sech op en urale Brauch, vun deem de Jean Engling 1847 geschriwwen huet:

„Wie fast in allen umliegenden Ortschaften, so feierte auch zu Waldbilling seit uralter Zeit die männliche Jugend ihre beliebten Amichter. Mit diesen Spielen, welche alljährlich im Mai gefeiert wurden, verband sich eine Art Feldpolizei. Lässt sich ihr Ursprung auch nicht aus den römisch-heidnischen Ambarvalien herleiten, so steigt er doch weit ins Mittelalter hinauf. Nachdem seit dem zwölften und dreizehnten Jahrhundert das Faustrecht ausgeartet war in Privatfehden, Wegelagerungen, Feldverwüstungen und offene Räubereien, war es nötig geworden, denselben einen Damm entgegenzusetzen. Es entstanden zur Sicherung der Ortschaften und besonders der Feldfrüchte die sogenannten Amichter. Ohne ihr Alter genau bestimmen zu können, dürfen wir jedoch annehmen, dass sie sich an 600 Jahre im Schwange, ihren Glanz und ihre volle Ausbildung aber erst zur Zeit erhielten, da die ritterlichen Turnierspiele allmählich abnahmen und zuletzt gänzlich verschwanden. [...] Von den alters her üblichen Amichtern wurde das letzte 1806 in Christnach abgehalten.“

Och de Michel Rodange huet sech an der Chronik vu Waldbëlleg dorobber bezunn:

„Das sogenannte Amecht bestand auch zu Waldbilling und ich habe noch den Mann gekannt, welcher den Hanswurst hier und auch in den benachbarten Amechten spielte.“

De Jean Engling am Renert**XII Gesank**

De Renert ass nees viru Geriicht. Matt neien Tricken an engem erfonnte Schaz, versicht hien de Kinnek op en Neits unzeschmieren.

[...]

⁷³ Geleeft mer dat, Här Kinnek:
wann Dir déi Saachen hätt,
da géif ech gäre stierwen,
't sief muergen oder hett.

⁷⁷ Et waren dräi deer Saachen,
déi ech lech do wollt ginn;
e Rank fir lech, e Spigel,
e Kamp fir d'Kinnegin.

⁸¹ 't sinn al Familljestécker,
wou grouseeg Kraaft a läit
se stamen aus Ägypten,
laang vir der Réimerzäit.

⁸⁵ Um Rank ... et ass e gëlden,
a mat Karfonkelsteen ...
sti Wieder agravéiert,
déi liest am Land blouss een.

⁸⁹ Dat ass de **Spiecht**, den alen,
Professor, Philosoph,
dee liest d'ägyptesch Schrëften
gerad wéi däitsch erof.

⁹³ All Ältertëmmer kennt en
sou nee als wi säin Hutt,
als wi seng Box, déi hien sech
schuns zéngmol huet gebutt.

De „*Spiecht, den alen, Professor, Philosoph, dee liest d'ägyptesch Schrëften
gerad wéi däitsch erof*“, dat war de Professor Jean Engling.

„Dass im Müllertal das Grab eines römischen Ehepaars gefunden worden ist, hat Herr Engling, jener obengenannte Archäologe (gebürtig aus Millesch zu Christnach), schriftlich verzeichnet. Derselbe Gelehrte hat über das Heringer Schloß alles aufgeschrieben, was sich darüber sagen und vermuten lässt.“ (M. Rodange: Chronik von Waldbillig).

Marc Barthelemy

Quellen:

Die Ölmühle von Christnach. Léon N. Nilles. Revue 22 vum 2. Juni 1962

De Michel Rodange a seng Heemechtsgemeng Waldbëlleg. Marc Barthelemy, Marcel Ewers, Jean-Luc Schleich. Gemeng Waldbëlleg 2017

Die Uelegsmillen in Christnach. Marcel Ewers. Gemengebuet Waldbëlleg 1-95

Arrêté ministeriel du Ministre de la Culture du 15 décembre 2017 proposant les immeubles du Moulin dit « Uelegsmillen » à Christnach comme Monument national.



REZENSIOUN

Den Daniel Heintz hat e spéide „Coup de foudre“ fir eis Géigend, mee de Blätz „ass nach ëmmer do ... bei deem ville Wonnerbaren, dat de Mëllerdall a sech huet“ (S. 7).

Poetesche Texter an idyllesche Fotoe beschreiwen dës „besonnesche Musée“, deen Dag an Nuecht seng Ausstellungsraum op huet.

D’Natur hei ass „eng apaart Kënschtlerin“, déi enk mat de „wéischte Geselle“ wéi Frascht, Fiichtegkeet a Sonneliicht zesummeschafft an eenzegaarteg Wierker schafft.

Diskret Trëppelpied féieren op Plaze vu friddlecher Stëllt, mee soubal de Wanderer fort ass, fänken d’Beem un, mateneen ze poteren an ze laachen. D’Halerbaach „dabbert“, „schaimt an dauscht“.

An der Wollefsschlucht geet mam Auteur d’Fantasie duerch: Hien erfënnt d’Geschicht vun engem ongléckleche Pater, deen aus sengem Scriptorium fortleeft an op deen dräi Wëllef duerjoen.


Hien dreemt vun der Seeche vun der Goldfrächen, wann e widder dem Fiels vun der Goldfralay sëtzt, oder hie wonnert sech, wéi d’Beem, di „rengsten Akrobaten“, den Efeu, d’Moos, de Farn, an d’Straicher stänneg domat beschäftegt sinn, sech festzegrallen.

De Mëllerdall ass eng Plaz, wou de Planzen hiert „eenzel Liewen zu engem méi grouse Liewe gehéieren“. Si kommen a ginn; d’Natur gëtt net midd, den Dekor der Saison unzepassen an den Auteur gëtt „es net midd ...“, fir en all Joer ze kucken“.


E wonnerschéinen Hommage un eis Region.

Mëllerdall (ISBN 978 995 904 234) vum Daniel Heintz (48 Säiten)

Isabelle Oberlé



📷 Damaris



DER DORFSCHMIED

Bis in die frühen sechziger Jahre des XX. Jahrhunderts, zählten die Dorfschmiede mit zu den wichtigsten Handwerkern auf dem Lande.

Als Hufschmiede verpassten sie den Zugtieren der Bauern regelmäßig neue Hufeisen. Nebenbei kümmerten sie sich um den Unterhalt und die Reparatur der landwirtschaftlichen Maschinen und Geräte. Durch die zunehmende Mechanisierung, entwickelten sich einige Schmiede zu Mechanikern, Maschinenhändlern und Konstrukteuren. Sie stellten nicht nur einfache Werkzeuge und Geräte, sondern Anhänger und Ackerwagen mit Gummibereifung für die sich ausbreitenden Traktoren her. Die Entwicklung zum Traktor als Zug- und Arbeitsmaschine, verdrängte die bisher verwendeten Arbeitspferde in den Bauernbetrieben. Gleichzeitig, aus Altersgründen oder Nachfolgeproblemen, schlossen viele Dorfschmiede ihre Tore.

Wo sich im Dorf ein Hufschmied befand, war meistens durch einen massiven, aus Eichenbalken erstellten Notstall erkennbar. Dieser befand sich auf dem Vorplatz der Werkstatt. Musste ein Pferd neu besohlt werden, leiteten sein Besitzer, der Schmied und dessen Gehilfe, den Kandidaten mit Geduld und Vorsicht in den Notstall. Dies war wichtig, denn das von Natur aus scheue Tier sollte nicht unnötig aufgeregt werden. Der hintere Teil des Notstalls wurde mit einer stabilen Kette verschlossen, wodurch das Pferd fast bewegungslos eingeschlossen war. Etwas rückwärts, unterhalb der Kette, wurde in eine an beiden Eckpfosten angebrachte Halterung eine Eisenstange eingeschoben. Mit einem Seil wurde daran ein Fuß des Pferdes hochgehoben und befestigt. Nun konnte der Hufschmied ohne Gefahr mit seiner Arbeit beginnen.

Der mit einer Lederschürze bekleidete Schmied, kam mit seinem hölzernen Geschirrkasten, der alle nötigen Werkzeuge zur Hufbehandlung enthielt und machte sich an die Arbeit. Zuerst musste das abgenutzte Hufeisen entfernt werden. Mit einer eigens für diesen Zweck benutzten Hufzange mit flachen Backen, wurden die alten Hufnägel herausgezogen. War das alte Eisen entfernt, wurde der Pferdehuf zurecht gemacht und für das neue Hufeisen vorbereitet. Jeder gute Hufschmied kannte sich mit den geläufigen Hufkrankheiten aus und behandelte sie fachmännisch. Der Huf wurde mit Messer, Raspel und Klinneisen („Hakléng“) in die richtige Form gebracht und wenn nötig korrigiert.

Nun wurde das kirschrot, glühendheiße Hufeisen zur Kontrolle der Passform auf den Pferdehuf gedrückt. Der beißende Geruch von gesengtem Huf drang in die Nasen der gaffenden Zuschauer. Während einige mit empfindlichen Nasen sich diskret zurückzogen, empfand ich dieses besondere Parfüm als nicht unangenehm. Der Schmied legte das Hufeisen wieder ins Feuer zurück und reinigte mit dem Reibeisen den Huf, wobei er etwaige Unebenheiten, welche nach der Anpassung sichtbar wurden, ausglich.

Jetzt kam der spannende Moment wo das Pferd beschlagen wurde. Das glühende Hufeisen wurde mit acht, speziellen Hufnägeln auf den Huf aufgenagelt und wieder verbreitete sich der Geruch von versengtem Huf. Die an der Außenwand des Hufes austretenden Hufnägel wurden nach innen gebogen und in die Hufwand festgenagelt. Mit der Raspel wurde der Huf verputzt und der erste Pferdefuß war neu beschlagen. Mit derselben Prozedur kam der nächste an die Reihe.

Vor dem letzten Weltkrieg und direkt danach, bestand der Fuhrpark der Bauern aus Teimern und Ackerwagen aus Holz. Diese wurden vom Wagner des Dorfes hergestellt und vom Dorfschmied zur Verstärkung und Verkehrstauglichkeit, mit Eisen beschlagen. Ein besonderer Höhepunkt für uns Dorfbuben war das Binden, der ebenfalls aus Holz vom Wagner (auf deutsch „Stellmacher“, französisch „charron“) in mühsamer Arbeit zusammengebauten Wagenräder mit Eisenbändern.

Bereits Tage vor dem großen Ereignis erzählten Kollegen mir, der „Woner“ habe mehrere Räder in der Schmiede abgeliefert. Nun galt es diesen Höhepunkt im Dorfleben nicht zu verpassen.





Luxemburger fahrbare Dreschmaschine.

 Archiv E. Thiel

Zur Herstellung der Räder benutzte der „Woner“ Eichen-, Esche- oder Buchenholz. Die Nabe wurde immer zuerst gedreht. Das Einpassen der Löcher für die Speichen, erforderte eine besondere Kenntnis. Kleine Räder hatten meist acht Speichen, die größeren 10, 12, 14 oder 16. Da die Felgenteile jeweils zwei Speichenlöcher enthielten, musste es immer eine gerade Anzahl sein.

In der Schmiede ging es hoch her. Es wurden jeweils mehrere Räder, mit verschiedenen Durchmessern gebunden, das erforderte vom Schmied genau Maß zu nehmen. Das Flacheisen für die Reifen wurde auf die richtige Länge abgesägt, in einer speziell hierfür benutzten Biegemaschine in die benötigte Form gebogen und zusammengeschweißt.

Vor der Werkstatt hatte man das benötigte Brennmaterial herbeigeschafft, Stroh, Faschinen und Holzscheite. Der Felgenbock wurde aufgestellt, mehrere Fässer, Eimer und Gießkannen mit Wasser in seiner Nähe bereitgehalten. Die fertigen Eisenbänder lehnten an der Wand der Schmiede. Alles war bereit.

Früh am Morgen trafen sich die zur Radbindung benötigten Männer vor der Schmiede. Ein Teil der Gruppe entfachte zuerst das Feuer. Andere legten das zu bindende Rad auf den Radbock. Der zum Rad passende Reifen kam in die sich bildende Feuerglut. Zangen mit langen Griffen wurden in die Nähe des Feuers gelegt, mit ihnen musste das glühende Band zum Rad auf dem Bock getragen werden. Der im Feuer liegende schwarze Reifen verfärbte sich zuerst dunkelblau, dann wurde er ziegelrot.

Der feierliche Augenblick war gekommen. Wir beugten uns nach vorne um besser zu sehen. Der Schmied und seine Gehilfen wurden nervös, jetzt hieß es schnell zu handeln, damit nichts fehlschlug. Mit den bereitliegenden Zangen wurde der brennende Reifen aus dem Feuer gehoben und so genau wie nur möglich auf das auf dem Bock wartende Rad gelegt. Mit den bereitliegenden langen Hebeln, mit einer aus Eisen bestehenden, beweglichen Hakennase an der Spitze und wenn nötig, einigen Hammerschlägen, wurde das rotglühende Band auf die Holzfelge aufgezogen. Das Holz fing sofort Feuer und alle ergriffen die Wassergefäße um damit zu löschen. Es entwickelte sich ein beißender Qualm aus Rauch und Wasserdampf. Immer wieder musste Wasser aus den Fässern geschöpft werden, bis der Rauch sich lichtete. Es musste trotzdem weiter gekühlt werden, bis das Eisen erkaltet war und das Holz nicht mehr sengte. Endlich war es geschafft. Durch die schnelle Abkühlung zog sich der eiserne Reifen derart zusammen, dass das ganze Rad ohne das geringste Spiel fest zusammengehalten wurde.

In der Einführung schrieben wir, dass sich einige Schmiede zu Mechanikern, Maschinenhändlern oder Konstrukteuren entwickelten. Es ist leider in Vergessenheit geraten, dass in Luxemburg bereits vor dem letzten Krieg, vorzügliche Landmaschinen hergestellt wurden. Unter diesen Herstellern befand sich der Christnacher Schmied Goedert. Neben anderen Geräten stellte Herr Goedert Dreschmaschinen her, welche sich gut verkauften. Ich kann mich an eine gusseiserne Platte erinnern, welche an der Schmiedewerkstatt befestigt war. Auf dieser Platte stand sinngemäß „----- Goedert, Maschinenfabrik, Christnach“.

Die bedeutendste Landmaschinenfabrik Luxemburgs, war die Firma Legille aus Burmerange, welche zuletzt auf Howald Landmaschinen in hohen Stückzahlen produzierte. Bis zu 1.100 Heubläser verließen jährlich die Werkshallen. Dazu Dreschmaschinen, Miststreuer, Schrotmühlen, Strohpressen, Höhenförderer, fahrbare und stationäre vollautomatische Mistlader, Zuckerrübenlader usw. Neben dem Absatz im Inland, exportierte Legille seine Maschinen nach Belgien, Holland, Frankreich und Deutschland.

In Manternach produzierte Bernard Neis von 1920-1960 - nach eigenen Plänen entworfene - Landmaschinen und Geräte. Seine Spezialität waren fahrbare Dreschmaschinen, von denen über 600 die Manternacher Fabrik verließen. Hinzu kamen im Laufe der Jahre natürlich die typisch luxemburgischen Heubläser, von ihnen stellte Neis tausende her. Hinzu kamen Schrotmühlen, Band- und Kreissägen, Jauchepumpen, stationäre und fahrbare Mistlader usw.

Die Firma Kerger Frères in Everlingen wurde 1928 gegründet. Die Herstellung von stationären und fahrbaren Dreschmaschinen, Gummiwagen und elektrischen Schleifmaschinen, sowie der Handel mit Landmaschinen bildeten ihr Programm. Ihr jetziger Nachfolger und Besitzer Carlo Kerger hat sich auf die Produktion und den Bau von Hallen für Industrie und Landwirtschaft spezialisiert. Erst kürzlich eröffnete er seine neuen Produktionshallen in der Industriezone von Bissen. Während alle anderen Pioniere der luxemburgischen Landmaschinenproduktion auf der Strecke blieben, gelingt es Carlo Kerger mit neuen Ideen einen florierenden Betrieb zu bewirtschaften.

Alex WAntz NAgem (ALWANA) ist der Markenname von Schmiede und Schlossermeister Alex Wantz, welcher 1935 seine Konstruktionswerkstatt in Nagem/Redange installierte. Er produzierte serienmäßig Alwana Heubläser, elektrisch angetriebene Schleifsteine, Futterkessel, Kartoffelquetschen, Güllepumpen, Eggen, Kultivatoren, Ackerwagen und Traktorkipper mit Gummibereifung. Nebenbei betrieb die Firma Wantz einen gutgehenden Landmaschinenhandel, bis „De Verband“ den Betrieb übernahm und in seine Gruppe integrierte.

Zwischenzeitlich versuchten einzelne neugegründete Firmen in die Produktion von Landmaschinen einzusteigen. Namen wie Neima oder Solumag (Société luxembourgeoise de machines agricoles) fristeten ein kurzlebiges Dasein. Einzig die „Ateliers de construction métallique Jean-Marie Noé, Wincrange“ haben überlebt. In einem schwierigen Umfeld mit starkem Konkurrenzkampf, bei immer weniger Bauernbetrieben und schrumpfendem Markt, bleibt kein Platz für Kleinanbieter.

Es geht immer wieder die Rede vom Bauernsterben in unseren Dörfern. Dabei verschwinden nicht nur Kleinbetriebe, ebenfalls größere Betriebe haben ihren Schlüssel unter den Teppich gelegt. Dasselbe Schicksal erlebten die Handwerkerbetriebe. Sie gingen unter, so wie das Lied des Schmiedehammers auf dem Amboss für immer verstummt ist.

Marcel Ewers

Quellen:

- Aus aler Zäit. Lëtzebuenger Duerftraditiounen, Volleksbräich a Sproochgewunnechten. Fernand Lorang. Éditions Saint-Paul. Lëtzebuerg 2003.
- Landwirtschaft in Luxemburg. Nostalgie – Alltag – Perspektiven. Éditions Saint-Paul. Lëtzebuerg 2003.

INTERESSANT HOBBYEN AN EISER GEMENG

Alice Greischer, Chrëschtnech: Quilten

Wou bass de opgewues?

Ech sinn zu Bouneweg an der Stad opgewuess.

Wéini bass de op Chrëschtnech komm?

Et ass nach net sou laang; et sinn ëm di 4 Joer.

Wéi eng Verbindung hues de zu eiser Gemeng? Wat schätzt de an eiser Géigend?

Doduerch, dass ech virdrun zu Hiefenech gewunnt hunn, war ëmmer eng Verbindung do, sief et duerch d'Famill zu Chrëschtnech oder duerch d'Veräinsliewen.

Ech schätzen d'Frëndlechkeet vun de Leit an awer och d'Natur, di mer hei hunn an déi sou no ass.

Wéi bass de un däin Hobby komm?

Mäi Meedchen huet mech mat dem Virus ugestach an elo, wou ech vill Zäit hunn, maachen ech dat mat vill Begeeschterung.

Wéivill Zäit verbréngst de mat dengem Handaarbechten?

Ech bitzen all Dag en etlech Stonnen.

Wou kriss de deng Inspiratiounen? Wou hëls de deng Id-dien hier?

Et fënnt ee ganz vill an der Natur, wat d'Faarwen ubelaangt. Ech ginn a Formatiounen bei international Kënschtler, ech kucke ganz vill Bicher, sichen um Internet a besiche ganz vill Ausstellungen.

Op wéi enge Plazen hues de schons ausgestellt?

Op villen Hobbymäert a Konschtausstellungen, z.B. Kuki zu Kielen, Stoff a Fuedem zu Jonglënster, um Konschtmaart zu Lellgen asw.

Wat sinn deng Pläng fir d'Zukunft?



Nach weider vill ze schaffen, fir dass ech d'nächst Joer erëm meng Aarbechte bei Geleeënheet vun enger Ausstellung heiheem ka weisen.

Léif AwunnerInnen, kontaktéiert mech wgl., wann Dir iwwert är Hobbye schwätze wëllt!

Merci, Isabelle (isabelle.oberle@education.lu)



Interview: Isabelle Oberlé



📷 Häuser und Bilder, Ludwig Müller

DE CHRËSCHTMAART AM MËLLERDALL

Um zweeten Adventsweekend, den 8. an 9. Dezember war de schonns traditionelle Chrëschtmaart op der He-ringer Millen am Mëllerdall.



Net matgemaach huet dëst Joer d'Wierder, et war NET wanterlech kal a sonneg am Schnéi. Et waren Hierschtdeeg, net kal, mee gro an dréif a stiermesch a virun allem ganz vill naass.

Nawell hate vill Leit de Wee fonnt an de Mëllerdall, mee si sinn zu engem groussen Deel net ganz laang bliwwen, wat natierlech schued war fir déi vill Exposante mat hire schéine Stänn.

An deem schéin dekoréierten Zelt a bei de villen arti-sanalen Hütten hunn di lëschtteg Stammclienten sech et gudd schmaache gelooss. Datt d'Stëmmung gutt war, weisen der Damaris hir Impressiounen.





📷 Damaris



LIEBE FREUNDE DES KLIMASCHUTZES!

Wie zuletzt berichtet, arbeitet das Klimateam zur Zeit verstärkt in Arbeitsgruppen.

Eine Gruppe hat sich mit dem Thema pädagogischer Spielplatz im Müllerthal beschäftigt und hat folgenden Maßnahmen entwickelt um auch dort das Thema Klimaschutz zu kommunizieren:

- Mülltrennung soll auf dem Spielplatz über unterschiedliche Behälter realisiert werden und später auch an anderen Plätzen in der Gemeinde Waldbillig installiert werden. Wenn möglich werden die Trennbehälter aus regionalen Materialien hergestellt (Holz von hei).
- Am Spielplatz sollen Fahrradabstellplätze angeboten werden und wenn möglich auch eine Aufladestation für Elektrofahräder und ein Schlauchautomat um defekte Fahrradschläuche zu wechseln.
- Eine Informationstafel zum Thema Wasser soll aufgerichtet werden und die Einwohner sensibilisieren im Bezug auf Quellen in Waldbillig, Wasserversorgung von Nachbargemeinden, Sparmaßnahmen beim Wasserverbrauch und Gefahren durch starke Niederschläge.
- Bei allen Maßnahmen wird das Klimaschutz-Maskottchen der Gemeinde, der Super-Klimapakt-Fuuss eine Rolle spielen und vermehrt am Standort auftreten.



Ziel der nächsten Arbeitsgruppensitzung wird es sein, die Maßnahmen detailliert auszuarbeiten und die Umsetzung vorzubereiten.

Die zweite Arbeitsgruppe hat sich um das Thema europäische Mobilitätswoche gekümmert und in kürzester Zeit ein Programm für einen Mobilitätstag in Waldbillig umgesetzt.



Seit mehreren Jahren wird nun auch in Luxemburg die europäische Mobilitätswoche dazu genutzt, auf erhöhte CO₂-Werte durch Mobilitätsfaktoren aufmerksam zu machen. Immer mehr Gemeinden schließen sich hier mit Aktionen an, dieses Thema an die Einwohner zu kommunizieren. Dieses Jahr waren außer Waldbillig 32 andere Gemeinden bereit sich dem Programm anzuschließen.

Denn: Gerade der Verkehrssektor heizt dem Klima gewaltig ein. Ein Fünftel des allein in Deutschland ausgestoßenen CO₂ geht auf das Konto des Verkehrs. 84 Prozent stammen direkt aus den Auspuffen von Autos, Lastwagen und Motorrädern. Während sie in anderen Bereichen seit 1990 rückläufig sind, steigen die durch den Verkehr verursachten CO₂-Emissionen an. Wenn man sich vor Augen führt, dass wir den CO₂-Ausstoß langfristig um 60 bis 80 Prozent reduzieren müssen um das Klima zu stabilisieren, wird klar vor welchen Herausforderungen wir stehen. Besonders im Bereich Verkehr sind also tiefgreifende Maßnahmen erforderlich. Gegenwärtig übersteigt man allein mit der durchschnittlichen jährlichen Autofahrleistung sein klimaverträgliches Budget; mit einem Flug in die Karibik hat man dem Klima schon das Doppelte zugemutet.

So fand am 22. September 2018 am Eingang von Christnach eine Veranstaltung mit folgenden Aktionen statt:

- Einweihung des Grillplatzes am Beachvolleyballfeld und der Auflade-Station Chargy. Hier ließ es sich die Bürgermeisterin dann auch nicht nehmen, ihr eigenes Elektroauto als erste an der neuen Chargy-Station aufzuladen.
- Zwei Fahrradtouren wurden angeboten um zu zeigen, dass auch trotz einer nicht gerade ebenen Topographie Fahrradfahren in Waldbillig möglich ist und sicherlich Spaß macht.
- Anmeldung zur Tour du Duerf vor Ort.
- Vorstellung und Testen von Elektroautos.
- Testen von Leih-Elektrofahrrädern.

Rückblickend kann gesagt werden, dass der Tag ein Erfolg war und sicherlich im nächsten Jahr wiederholt werden wird, wenn man nicht sogar weitere Aktivitäten und Aktionen während der europäischen Mobilitätswoche 2019 anbieten möchte.

Wer sich über die teilnehmenden Gemeinden und deren Aktionen in 2018 und den vorherigen Jahren informieren möchte, hat unter folgendem Link dazu die Möglichkeit:

<http://www.mobilityweek.eu/2018-participants/?year=2018&country=LU>

Auch wenn die kalte Jahreszeit einbricht, ist eine Fortbewegung ohne diesel- oder benzinbetriebenes Fahrzeug durchaus möglich. Schlechtes Wetter gibt es nicht, es gibt nur schlechte Kleidung.

In diesem Sinne einen schönen Jahreswechsel.

Ihr Klimaberater
Thomas Rünneburger

VÉLOSDAG AN DER VALLÉE DE L'ERNZ

Sehr viele Teilnehmer nahmen am ersten autofreien Tag in der Region Müllerthal teil. Die Menschen nutzten das schöne Wetter, um ungestört entlang der Schwarzen Ernz zwischen Müllerthal und Grundhof zu radeln. Danach führte die Strecke auf dem Radweg an der Sauer entlang nach Echternach, dann nach Consdorf. Und zuletzt konnte auch die Straße von Consdorf nach Müllerthal autofrei genutzt werden. Unser großer Dank gebührt den Gemeinden Consdorf, Waldbillig und Echternach sowie allen beteiligten Vereinigungen für ihre Unterstützung.

De nombreuses personnes ont pris part à la première journée sans voiture dans la Région Mullerthal. Les gens ont profité du beau temps pour circuler le long de l'Ernz Noire entre Mullerthal et Grundhof. Ensuite, l'itinéraire suivait la piste cyclable longeant la Sûre jusqu'à Echternach, puis jusqu'à Consdorf. Enfin, la route entre Consdorf et Mullerthal pouvait de nouveau être utilisée sans crainte car sans voitures. Nous remercions vivement les communes de Consdorf, Waldbillig et Echternach ainsi que toutes les associations participantes pour leur soutien.

ORT Mëllerdall





📷 ORT Mëllerdall, ministère de l'Économie & Filipe Soares

MOBILITÉITSDAG ZU CHRÛSCHTNECH

Samschdes, den 22. September war Mobilitéitsdag zu ChrÛschtnesch beim Fussballsterrain. D'Buergermeeschtesch, d'SchÛffen an d'Conseilleren a vill Bierger aus der Gemeng haten sech do begÛint, fir d'Opluedstatioun an déi nei Grill-plaz anzeweien, fir Elektroautoen ze testen a fir vum lessen an DrÛnken ze profitÛieren, fir dat de FussballverÛin FC Olympia vu ChrÛschtnesch gesuert hat.

Et konnt ee VÛeloen an E-Bikes lounen an en Tour maachen, ee vu 7 Kilometer iwver Feldweeër a Landstroossen, oder ee vun 20 Kilometer iwver Feldweeër a BÛschweeër.

Vun 10 Auer moies bis 3 Auer mÛttes war eng gutt StÛmmung op deem Ûischte Mobilitéitsdag an der Gemeng WaldbÛlleg.



TOUR MAM VËLO

Vum 17. September bis de 7. Oktober 2018 haten Klima-Bündnis Lëtzebuerg a Verkéiersverbond déi 5. Editioun vun der Vëlo-Campagne TOUR du DUERF organiséiert. Dëst Joer war d'Gemeng Waldbëlleg fir zweet mat dobäi.

D'Ziler vun der Campagne waren, all Bierger op d'Benotzung vum Vëlo am aldeegleche Liewen ze sensibiliséieren an den Thema Benotzung vum Vëlo verstärkt an der Gemeng anzebréngen. D'Memberen vum Gemengerot a berodende Kommissiounen konnten an Equippen, zesumme mat Bierger aus der Gemeng, Pedallen drécken.

Matmaache konnten all Membere vum Gemengerot, Membere vun de berodende Kommissiounen, Awunner vun der Gemeng, Persounen déi an der Gemeng schaffen, an engem Veräin aus der Gemeng täteg sinn oder eng Schoul aus der Gemeng besichen.

Bannen 21 Deeg konnt jiddereen, individuell oder an enger Equipe, méiglechst vill Kilometere fir seng Equipe sammeln. Schouklasse, Veräiner, Organisatiounen, Firmen asw. konnten och hir eegen Equipe zesummesetzen. Jidder Participant konnt déi klimafrëndlech Kilometer am Online-Vëloskalenner op www.tourduduerf.lu oder direkt op der CityCycling-App androen.

Den TOUR du DUERF huet 2018 all national Rekorder gebrach. Alles an allem sënn op nationalem Niveau eng 1.000 Vëlosfuerer an den dräi Wochen 179.825 Kilometer gefuer.

An der Gemeng Waldbëlleg hunn 60 Vëlosfuerer an den dräi Wochen 7.280 km mam Vëlo zeréckgeluecht an dobäi 1.034 kg CO₂ evitéiert, d'Berechnung baséiert op 142 g CO₂ pro Persoun/km. Dës Kilometerzuel entsprécht der 0,18-facher Längt vum Äquator.

Domadder huet Gemeng Waldbëlleg gutt ofgeschloss an de verschiddene Kategorien op nationalem Niveau. Resumé vun der nationaler Auswärtung vun der Gemeng Waldbëlleg:

- An der Kategorie „*Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern pro EinwohnerIn*“ ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 2. Plaz vun insgesamt 54 Gemengen mat 4,09 km/Awunner;
- an der Kategorie „*Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern*“ ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 9. Plaz vun insgesamt 54 Gemengen mat 7.280 km;
- an der Kategorie „*Aktive ParlamentarierInnen*“ ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 11. Plaz vun den insgesamt 54 Gemengen;
- an der Kategorie „*Fahrradaktivstes Kommunalparlament*“ ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 17. Plaz vun den insgesamt 54 Gemengen;
- an der Kategorie „*Fahrradaktivste Gemeinde mit den meisten Radkilometern pro TeilnehmerIn*“ ass d'Gemeng Waldbëlleg op der 41. Platz vun den insgesamt 54 Gemengen mat 121,3 km/Participant.

De 26. November 2018 huet de Schäffen- a Gemengerot d'Vëlosfuerer, déi fir d'Gemeng Waldbëlleg gefuer sinn, geéiert. No enger Usprooch vun der Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer kruten si en Diplom iwwerrecht. Déi dräi Beschtlacéiert, d'Hären Jean-Marie Ries, Christian Berens an d'Madame Myriam Scholtes kruten en Präis iwwerrecht.



Geéiert goufen:

- Här Christian Berens
- Här Gary Berens
- Här Claude Christnach
- Här Henri Colbach
- Här Fränk Diederich
- Här Alex Federmeyer
- Här Serge Ferber
- Madame Andrée Henx-Greischer
- Madame Laurence Kipgen
- Madame Joanne Klemens
- Här Antonio José Mantrisi
- Här Tom Meyers
- Här Etienne Michels
- Madame Lony Michels
- Här Mike Michels
- Madame Ann Penning
- Här Jean-Marie Ries
- Här Jean-Luc Schleich
- Madame Myriam Scholtes
- Här Filipe Soares
- Här Romain Tobes
- Madame Catalina Van Meel

- Här Christian Wagner
- Här Ern Wagner
- Här Jang Winandy
- Här Lloyd Winandy

**Déi nächst Tour du Duerf 2019 kënt bestëmmt.
Dofir wann et souwäit ass, umellen, matmaachen a
Spaass hu beim Vëlofueren.**

Text a Fotoen: Filipe Soares

NATIONALEN DAG VUM BAM 2018

De Nationalen Dag vum Bam huet de 17. November 2018 an der Gemeng Iechternach, op 3, rue Schmatzoacht (bei der Kläranlag), stattfonnt. An der Präsenz vun der Ëmweltministesch Madame Carole Dieschbourg hunn déi eelef Gemengen aus dem Naturpark Mëllerdall hiren less-Käschtebam geplanzt.



Text a Foto: Romain Tobes

Op der Foto, vu lénks no riets: Liette Mathieu, Andrée Henx-Greischer, Carole Dieschbourg, Théo Moulin, Jean-Pierre Arend, Maxime Bender



NOWÉIE VUN DEN IWWERSCHWEMMUNGEN

An der Nuecht vum 31. Mee op den 1. Juni ass de Mëllerdall Affer gi vu staarkem Reen a schlëmmen Iwwerschwemmungen.



© Cour grand-ducale / Claude Piscitelli

Vill Stroossen a Weeër sinn zanterhir zerstéiert, besonnesch tëschent Haler a Beefort, a vu Bäerdref op lechternach an op d'Vugelsmillen.

D'Wanderweeër an der Géigend hunn och vill gelidden, mee goufen duerch groussen Asaz ënnert anerem vun Ekippe vun de Sozialinitiativen zum gréissten Deel esou aménagéiert, datt een erëm kann driwwer goen.

No der Katastroph gouf et vill Hëllef, mat enger grousser Solidaritéit vu Benevollen, Arméi a Rettungsdéngschter, mee och vun de Sozialinitiativen aus dem Land, ewéi déi verschidde CIGR-Ekippen, Co-Labor oder ENS-Eng nei Schaff, déi vill ugepaakt hu, fir Brécken ze flécken oder nei ze bauen, well der vill vum Waasser matgeholl goufen, a Weeër, déi net konnte gefléckt ginn, ganz nei unzeleeën oder eng Deviatuon virzegesinn. D'Grande-Duchesse an de Grand-Duc waren esouguer an de Mëllerdall komm, fir sech d'Situatioun unzekucken an d'Leit opzemonteren.

Am meeschte getraff ware jo ginn de Camping Cascade, de Restaurant-Hôtel Cigalon – am leschte FUUSS gouf dat dokumentéiert – an de Grand Hôtel des Cascades am Mëllerdall.

Am Grand Hôtel des Cascades goufen am Summer d'Kelleren zwee an en hallwe Meter héich iwwerschwemmt. Elektresch Versuergung, Heizung, d'Versuergung vun der Piscine a Raimlechkeeten ewéi Bar, Keelebunn, Seminarraum a Bibliothéik ware futti. Eng Demande fir Entschiedegung ass un den Economieministère gaang, an d'Reparaturaarbechte konnten hire Wee goen. Wéi de Propriétaire matdeelt, rechent hien domadder, datt den Hotel am Februar erëm kann opgoen, an zwar mat engem 24-Stonnen-Hotel-Automat.



© Cour grand-ducale / Claude Piscitelli



Och am Hotel-Restaurant Cigalon konnt vill geschafft ginn. Hei rechnen d'Proprietairë mat enger Reouverture ëm Ouschteren.

Um Camping Cascade gëtt gehofft, datt am Fréijoer erëm alles an der Rei ass.

De Buedem an der Sportshal zu Waldbëlleg ass gefléckt an d'Hal kann zanter dem 11. Dezember erëm benotzt ginn.

D'Autosbréck an der Rue de la Montagne zu Waldbëlleg ass net befuerbar a gëtt erneiert.

Provisorisch Bréck am Kalkewee.

Duerch d'Iwwerschwemmungen am Juni dëst Joer huet d'Waasser un den Haiser bei der Bréck am Kalkewee grouse Schued ugeriicht.

D'Bëllegerbaach huet esouvill Waasser mat sech bruecht, datt den Duerchfloss vun der Bréck déi Massen net konnt packen an d'Waasser sech gestaut huet an an d'Haiser eragelaf ass.



Fir nach eng Kéier esou eng Katastroph ze vermeiden, huet d'Gemeng Decisioun geholl d'Bëtongsbréck ewechzehuelen an duerch eng provisorisch hëlze Bréck ze ersetzen. Sou ass garantéiert, datt d'Waasser sech net méi kann do stauen. De Fierschter Leo Klein huet mat senge Leit eng Foussgängerbréck aus Douglasienholz opgeriicht fir ze garantéieren, datt d'Leit duerch de Kalkewee kënnen goen.

No enger definitiver Léisung soll gekuckt ginn, wann deen neie Kollektor vun der Pompelstatioun ob Waldbëlleg geuecht gëtt. Soulaang wäert de Verkéier am Kalkewee nach e bëssen ageschränkt sinn.



Um Schéissendëmpel

Déi zoustänneg Firma Daedalus Engineering huet eis dëse Rapport a Fotoe gi fir an de FUUSS. En décke Merci dofir, virun Allem un den Här David Schuster.



Felssicherung Schießentümpel

- Felsrutsch durch Verwitterung
- Felssicherung durch Daueranker
- Rückverankerung in den Fels
- Verfüllung mit Spritzbeton in der Farbe luxemburgischer Sandstein

Arbeitsschritte:

- Herstellen einer Arbeitsfläche für die Baumaschinen
- Baugeräte mittels Mobilkran auf die Arbeitsbühne heben
- Bohrungen mittels Midi-Bagger mit Bohrkopf durch den Felsblock (losen Felsen) in den standsicheren Boden, Sandstein, Felsen bohren
- Anker herstellen und verpressen
- Ausspülen der losen Bodenteile und Gesteinsbrocken durch die Feuerwehr
- Verfüllen der Hohlräume
- Anker unter Zug setzen

Hangsicherung Müllerthal Trail

- Anfang Juni 2018 schwere Unwetter in der Region Müllerthal
- Starke Überschwemmungen
- Böschungsabtragungen/Hangrutsche
- Treppe nicht mehr sicher begehbar, Stufen unterspült → Trailweg zum Schießentümpel muss gesperrt werden
- Teilweise zusätzliche Hangabschnitte abgerissen aber noch nicht gerutscht
- Alte Treppe soll rückgebaut werden
 - o Neue Treppen mit Passerelle in Planung
 - o Haupttragstruktur aus Stahl (Treppen & Podestkonstruktion)
 - o Gehbelag und Handlauf aus Holz
 - o Absturzsicherung aus Stahlnetzen
 - o Gesamtlänge ca. 65m, Breite ca. 1,20m
 - o Teilweise am Fels befestigt, sonst klassische Befestigung mittels Stützen und Fundamenten
 - o 2 größere Plattformen
 - 1) das obere Ende der Treppe als Aussichtsplattform
 - 2) „Skywalk“ in der Mitte der neu geplanten Treppenkonstruktion. Hier soll auch der Boden aus Stahlelementen hergestellt werden (Gitterroste)



Stroossechantieren.

- D'Chantieren vun Haler op Beefort, vun der Vugelsmillen op Bäerdref a vu Bäerdref op lechternach solle bis de Summer fäerdeg sinn an déi Stroossen also spéitstens am Summer erëm opgoen.
- Schéissendämpel: Dee Chantier wäert eis mindestens bis Enn Januar erhalte bleiwen.
- An der Rue de Hallerbach zu Haler ass en neien Ënnerstand um Busarrêt gebaut ginn.
- Op Haustert goufen d'Weeër nei gemaach.



Et gi jo am Moment och vill Chantieren op de Stroossen, déi net mat den Iwwerschwemmungen zesummenhänken. Wéi steet et do?

- Zu Waldbëlleg op der Strooss op Chrëschtnech gëtt eng nei Waasserleitung geluecht. De Chantier bleift bis an de Februar.
- Dat selwecht zielt fir de Chantier bei der Schoul.
- Vu Sowelbuer op Haler, an och zu Sowelbuer selwer, wou d'Strooss vum Freckeisen op Iermsdref gespaart war, sinn nei Waasserleitunge geluecht ginn, an d'Stroossen, déi desolat waren, nei gemaach. Dat misst ofgeschloss sinn, wann dëse Fuuss erauskënnt, an all Stroossen erëm op sinn, wann och vläit just eng Spur op ass an also nach Luuchte bleiwen.
- Op der Uelegsmillen ass wéinst engem Chantier, wou d'Stützmauer stabiliséiert gëtt, nëmmen eng Spur op. Dee Chantier wäert op d'mannst bis Enn Januar bleiwen.
- D'Strooss vu Miersch an d'Fiels ass fir de Congé collectif erëm opgaang a wäert et (hoffentlech) bleiwen.
- D'Strooss vun der Konsdrëffermillen op Konsdrëf bleift nach laang nëmmen eespureg a schwéier ze fueren; de Chantier gëtt no an no a Richtung Duerfzentrum verluecht.

Déi eng Chantiere verschwannen, anerer ginn op:

- An der Fielserstrooss zu Chrëschtnech am Duerfagang, wann een aus der Fiels kënnt, gëtt eng nei Reewaasserachs geluecht. Domat geet et am Ufank vum Joer 2019 lass.



Fussballterrain

Hei ass och geschafft an niewendrun eng Grillplaz ageriicht ginn.



Text: Marc Barthelemy mat Hëllef vun André Greischer, Theo Moulin, Filipe Soares, Marco Hubert (P & Ch).



NEIT WAASSER UM FRECKEISEN

Bis Enn 2018 krut Freckeisen d'Waasser iwwert de Syndikat Sowelbuer-Freckeisen. Do waren d'Analysen dacks net gutt: ze vill Bakterien an ze vill Nitrater am Waasser.

Mat der nei gemachter Strooss vun Haler op Sowelbuer gouf och eng Waasserleitung geluecht, déi et erlaabt huet, datt Freckeisen den 18. Dezember 2018 un de Réseau vum gudden Drénkwaasser aus dem Mëllerdall ugeschloss ginn ass.

Mir hunn d'Chance an eiser Gemeng, datt elo iwwerall eng exzellent Versuergung mat Drénkwaasser garantéiert ass. Domadder ass et och iwwerflësseg, Mineralwaasser ze kafen, bei deem d'Grenzwärter dacks wäit iwwert deene vum Quellewaasser leien, well fir Mineralwaasser d'Bestëmmunge méi labber sinn. Waasser kafe goen ass net nëmmen eng Belaaschtung fir de Portmonni, mee och fir de Klima duerch den Opwand fir den Transport a fir d'Verpakung.

Den neien Drénkwaasserkonzept vun der Gemeng Waldbëlleg

Dat Drénkwaasser, dat aus der Quell Härebour am Mëllerdall iwwert eng 3,4 Kilometer laang Drockleitung erop an deen Behälter zu Haler gepompelt gëtt, versuergt d'Uertschafte Chrëschtnech, Haler a Waldbëlleg. De Mëllerdall gëtt iwwert de Behälter Mëllerdall versuergt. D'Gemeng Waldbëlleg ass elo komplett Eegeversuergerin am Drénkwaasser.

A gudder Zesummenaarbecht hunn d'Gemengen Ärendall a Waldbëlleg en neien Drénkwaasserbehälter *Op Firtchen* hanner Sowelbuer a Richtung Iermsdref gebaut, dee mat Waasser aus dem Mëllerdall gefëllt gëtt. Vum Drénkwaasserbehälter Seitert gëtt d'Waasser op Firtchen gepompelt, duerch déi nei Leitungen an der Strooss tëscht Haler a Sowelbuer, dem C. R. 358.

Deen neie Konzept vun der Drénkwaassergewënnung, der Drénkwaasserspäicherung an der Drénkwaasserverdeelung gouf mam Bureau d'ingénieurs Daedalus vun Hiefenech entwéckelt, mam Zil, den Drénkwaasserversuergungssystem ze verbesseren, en op de modernste Stand vun der Technik ze bréngen an e géint all Eventualitéiten ofzesécheren. D'Gemeng Waldbëlleg investéiert 6 Milliounen Euro an d'Erneierung vum Drénkwaasserversuergungssystem.

D'Qualitéit vum Waasser ass natierlech immens wichteg. Eis Landwirtschaft kooperéiert gutt. Zënter gutt a gären zéng Joer huet eis Gemeng mat CONVIS, engem landwirtschaftleche Berodungsbetrieb, eng Conventioun, fir d'Landwirtschaft an de Golf zu Chrëschtnech a puncto Düngen ze beroden, fir eis Drénkwaasserquellen ze protegieren.

Zu Waldbëlleg bleiwen de Quelleschutz an d'Verbesserung vun der Waasserqualitéit eng Prioritéit, och vun de Quelle Schiessentümpel 1 a Schiessentümpel 2, déi Beefort an en Deel vu Bäertref versuergen. Um Agenda vun den nächste Jore stinn eng nei Erschléissung vun der Quell Härebour 2, d'Verbanne vun de Quellen ennereneen, eng nei Leitung vum Mëllerdall op Haler erop, a virun allem d'Vergrësserung, d'Erneierung an d'Verleegung vun neien Drénkwaasserversuergungsleitungen a Richtung Waldbëlleg a Chrëschtnech.

D'Politik vun der Gemeng Waldbëlleg gëtt domadder an den nächste Jore ganz staark vun den Investitiounen an d'Drénkwaasser an an d'Ofwaasser bestëmmt.



CONCERT LËTZEBUERGER OWEND

D'Kultur- an Tourismuskommissioun vun der Gemeng Waldbëlleg organiséiert den 22. Mäerz 2019 en Concertsowend an der Greisescheier zu Waldbëlleg vis-à-vis vun der Gemeng.

Ageluede sinn dräi Gruppen, déi op Lëtzebuergesch sängen.

D'Diere ginn um 19h op an de Programm ass deen heiten:

- o Krunnemécken 19h30 bis 20h20
- o La Schlapp sauvage 20h40 bis 21h40
- o Serge Tonnar & Legotrip 22h bis no 23h

Fir Drénken an lessen ass gesuergt.

Nom phänomenale Succès vum Serge Tonnar a Legotrip am Café Dina am Joer 2014 ass domat ze rechnen, datt vill Leit wëlle kucke kommen. D'Zuel vun de Plazen ass limitéiert. Dofir maacht lech bäi.

Tickete kaschte 25 Euro, bis 26 Joer 15 Euro. Dir kënt se kafen an der Gemeng beim Pit Beckené. Bezuele geet just mat Boergeld.

D'Gemeng ass op

- méindes bis freides vu 7h30 bis 12h,
- dëschdes mëttes vun 13h30 bis 17h,
- donneschdes mëttes vun 13h30 bis 19h.

D'KRUNNEMÉCKEN

D'Krunnemécken sinn zwee lëschtteg Panzpianisten, déi sech selwer als Stroossemuseker verstinn. Am wuelsten fille sech de Ben CLAUS an den Eric FALCHERO, wann si tëscht de Leit mat de Leit *al Schanken* zum Beschte ginn. An hirem Repertoire sinn traditionell lëtzebuergesch Volleklidder fir matzesangen an ze danzen.

Fir dëse Concert klammen d'Krunnemécken mat zwee Special Guests op d'Bühn. Zesumme mam Claude PELZER um Tuba an dem Tutebatti Claude ENGLEBERT um Gesank hunn si e Programm op d'Been gestallt, wou nieft bekannte Stécker och méi rar Pärelen aus dem Lëtzebuergesch Lidderschaz an der grousser Musekswelt ze héiere sinn.

Dofir laach, dréck, sang, ... an huel dir fir d'Liewen Zäit!

Laach, dréck, sang, ... dat ass besser wéi all Sträit



LA SCHLAPP SAUVAGE: DUO PLATT TONIC, FOLK & CHANSONS

La Schlapp sauvage ass am Fréijoer 2016 gebuer. Dësen Duo besteet aus zwee Museker, déi hir Schlappen iwver muench Grenze lafe gedoen hunn:

Jo Nousse, Gittarist a Sänger vun der Grupp Mannijo, huet mat *Geeschtemat?* an *Tutti Futti* gespilt. Hien ass e Sprocheartisan.

Olivier Niedercorn, Akkordeonist a Sänger vun der Grupp *La Tournée du Bocal*, Matglidd vum *Ensemble d'Accordéon de la Ville de Luxembourg*.

Di zwee Heckefransouse stamen aus dem Dräilännereck a schloen eng lëschtég musikalesch Rees vir, mat Lidder op Franséisch an op Lëtzebuergesch. E puer eege Kompositiounen stinn nach op hirem Programm.



© D. Vanspranghe

SERGE TONNAR & LEGOTRIP

De Serge Tonnar a säin Orchester Legotrip beweise mat grousem Erfolleg, dass et wichteg ass, Geschichte vun hei an elo an der Sprooch vun hei an elo ze zielen. Mam leschten Album *Bommeleeër Buddha* ginn déi musikaesch Influenze vu Vollekmusek iwver Hiphop, Blues, Gospel, Reggae bis Salsa an Tango. An den Texter geet et ëm d'Roll vum Mënsch a vum Kënschtler, tëscht dem Bommeleeër, also dem aktiv an der Gesellschaft implizéierten an engagéierte Bierger, an dem Buddha, oder dem Philosoph, deen aus enger spiritueller Distanz e liicht ironesche Bléck op déi selwecht Gesellschaft gehäit.

Avec grand succès, Serge Tonnar et son groupe Legotrip montrent qu'il est important de raconter des histoires d'ici et maintenant, en évitant la sauce musicale globalement uniformisée. Bommeleeër Buddha, le nouvel album mélange les influences qui vont du folk au hiphop, en passant par le blues, le gospel, le reggae, la salsa ou le tango. Il est question du rôle de l'homme, de l'artiste - tiraillé entre le «Bommeleeër», citoyen activement impliqué et engagé dans la société, et le bouddha, philosophe qui jette un regard légèrement ironique sur cette même société.



📷 Sam Flammang

LEGOTRIP

Rom Christnach: basse, chant

Eric Falchero: claviers, chant

Misch Feinen: batterie, chant

Serge Tonnar: guitares, chant

www.legotrip.lu

AGENDA: WAT ASS LASS AN EISER GEMENG?

26. Januar, 9h00 bis 17h00: **Vum Bam zum Schaukelpäerd**, Deel 2, mat der Schräinerei Baden zu Waldbëlleg. Präis 310 €. Dat ass d'Fortsetzung vum Deel 1 vum 12. Januar. Tel.: (+352) 26 87 82 91
E-Mail: info@naturpark-mellerdall.lu

19. Januar: **Regionale Kadertraining vun de Badminton** Jugendspiller U9 bis U13, Badminton Waldbëlleg

26. Januar: **4. Spilldag bei de Minimes, Badminton** Waldbëlleg

26. a 27. Januar: **Wanervullenzielung**. Informatiounen: 29 04 04-1 www.naturemwelt.lu

31. Januar, 8h35 bis 10h00: **Bicherbus** um Schoulbusarrêt bei der Michel-Rodange-Schoul, Waldbëlleg

3. Februar, um 11h30: **Choucroute Garnie**, organiséiert vu Jonk an Al

9. Februar um 20h: Waldbëlleger Musek. **Wanergalaconcert** an der Sportshal zu Waldbëlleg

9. Februar, 9h00 bis 17h00: **Vum Bam zu der Bänk**, Deel 2, an zwou Schräinereien. Tel.: (+352) 26 87 82 91
E-Mail: info@naturpark-mellerdall.lu

24. Februar um 17h00: **Uergelrecital** an der Kierch zu Waldbëlleg mam Jos Majerus, Titularorganist vun der lechternacher Basilika, organiséiert vun den Uergelfrënn Waldbëlleg

28. Februar, 8h35 bis 10h00: **Bicherbus** um Schoulbusarrêt bei der Michel-Rodange-Schoul

9. Mäerz: **Buergbrennen** zu Waldbëlleg. Um 19 Auer Fakelzuch um Busarrêt bei der Gemeng. Organisatioun: d'Jugendpompjeeën.

10. Mäerz, vun 19h30 un: **Buergbrennen** um Hougriicht, Chrëschtnech organiséiert vum Club des jeunes

13. Mäerz, um 15h00: **Generalversammlung vu Jonk an Al** am Veräinsbau zu Chrëschtnech

17. Mäerz: **5. Grand-Prix** (Tournéier fir all lizenséiert Jugendspiller), **Badminton** Waldbëlleg

21. Mäerz, 8h35 bis 10h00: **Bicherbus** um Schoulbusarrêt bei der Michel-Rodange Schoul zu Waldbëlleg

24. Mäerz, vun 12h un: **Kaffi, Kuch a Kniddelen** organiséiert vun der Waldbëlleger Musek an der Cafeteria vun der Sportshal

6. Abrëll, vun 11h un: **Indiaca-Tournoi**; vun 22h u Knëppelbal, organiséiert vum Club des jeunes

17. Abrëll, vu 14h00 bis 17h00: **Porte Ouverte Ouschterdag** am Veräinsbau zu Chrëschtnech, organiséiert vu Jonk an Al

25. Abrëll, 8h35 bis 10h00: **Bicherbus** um Schoulbusarrêt bei der Michel-Rodange Schoul zu Waldbëlleg

28. Abrëll: **Éischt Kommiounsfeier** an der Chrëschtnecher Kierch. Départ um 10h00 beim Veräinsbau zu Chrëschtnech

28. Abrëll, 14h00 bis 17h00: **Drénkwaasserwanderung am Mëllerdall** 5 €. Tel.: (+352) 26 87 82 91
E-Mail: info@naturpark-mellerdall.lu

1. Mee, vun 8h un: **Éischt-Mee-Feier** mat der Waldbëlleger Musek

15. Mee, 14h00-17h00: **Porte Ouverte vu Jonk an Al** am Veräinsbau zu Chrëschtnech

16. Mee, 8h35 bis 10h00: **Bicherbus** um Schoulbusarrêt bei der Michel-Rodange Schoul zu Waldbëlleg

25. Mee: **Journée du Grand Age**, Jonk an Al





D'Schoulvakanze

si vum 16. bis de 24. Februar a vum 6. bis Ouschterméideg, den 22. Abrëll.

D'Footballsmatcher vum FC Olympia Chrëschtnech-Waldbëlleg sinn op der Internetsäit <http://www.fcolympia.lu/> ugesot.

D'Restauranten an der Gemeng:

- De Restaurant **Gudde Kascht** zu Haler ass op donneschdes, freides a samsdes owes vun 19h un, bis 21h00 fir déi lescht Commande, samsdes a sonndes mëttes vun 12h bis 14h. Telefon: 83 67 48.

De Restaurant Gudde Kascht ass zou vum 21. Februar bis de 6. Mäerz.

- De Restaurant **Cigalon** am Mëllerdall ass zou, wéinst de schroe Schied no den Iwwerschwemmungen. E mécht géint Ouschteren erëm op: www.lecigalon.lu

- De Restaurant an der **Heringer Millen** ass vum 1. Februar u mëttwochs bis sonndes op. Vu Péngschtdënschdeg, den 11. Juni 2019 un ass och dënschdes op. Et gëtt vun 12h bis 21h ze iessen (sonndes bis 17h). Telefon: 26 78 47 17.

- De Restaurant um Chrëschtnecher Golf **Aux fines herbes** ass bis Enn Januar zou. Dono ass en op all Dag, ausser méindes, vun 12h bis 21h, och op der Terrass. Reservatioun um Telefon 87 83 83. An der Sky Sports Bar kritt een all Dag vun 8h bis 21h ze iessen, och méindes. Lescht Bestellung an der Kichen ass um 20h, a méindes ass et just eng Bistroskaart.

- De **Café Dina** zu Waldbëlleg huet ausser donneschdes all Dag op. Méindes, dënschdes a mëttwochs vun 18h bis 23h, freides vun 18h bis 1h, de Weekend vun 11h bis 14h a vun 18h samschdes bis 1h a sonndes bis 23h. Iessen op Bestellung. Telefon: 621 31 83 69.



De FUUSS
als PDF online!





WALDBËLLEG
COMMUNE DE WALDBILLIG